# Gemengerot Esch

## Rapport analytique N°9 / 2013



*En hiver, l'aire de jeux du Gaalgebierg se tranforme en patinoire*

www.esch.lu

**Séance du Conseil communal du vendredi 20 décembre 2013**

# 29.03.2014
# 19h00

## SOIREE AVEC
# SHOW

CENTRE OMNISPORTS HENRI SCHMITZ
ESCH/LALLANGE

**DANSE EN CHAISE ROULANTE*** — avec éléments acrobatiques

**TENNIS DE TABLE** — champions paralympiques & pongistes du Luxembourg

**MATCH DE BASKET EN CHAISE ROULANTE** — Lux-Rollers



**SHOW DE JONGLAGE** — d'un artiste sourd-muet

* Participants au concours "Supertalent"

# ESCHER HANDISPORT Woch

ENTREE GRATUITE
INFOS : ESCH.LU



ESCH
www.esch.lu

Escher Sportförderprogramm

ESCH

# Sëtzung vum Escher Gemengerot Freideg, den 20. Dezember 2013

**Conseillers présents:**

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

**Conseillers absents:**
/

## *Ordre du jour*


Page

**Réunion publique**

**1. Assermentation d'un nouveau membre du conseil communal**

**Réunion à huis clos**

**2. Désignation d'un candidat à la nomination à la fonction de bourgmestre; décision**
**3. Désignation d'un candidat à la nomination à la fonction d'échevin; décision**
**4. Questions de personnel (présentations de candidats, nominations aux emplois, promotions, démissions); décision**
**5. Nomination à la vacance au conseil d'administration de l'office social; décision**

**Réunion publique**

**6. Information au public des décisions de personnel** 4
**7. Correspondance** 5
**8. Renouvellement du collecteur principal et renaturation de l'Alzette; présentation et décision** 5
**9. Urbanisme:** 13
**a) PAP „Nonnewisen 2B"; présentation et décision**
**b) PAP „Nonnewisen 3B"; présentation et décision**
**c) PAP „Nonnewisen 2C"; présentation et décision**
**10. Conventions:** 12
**a) Avenant à la convention avec l'asbl 4motion; décision**
**b) Convention avec le Ministère de l'Education Nationale concernant les cours pour adultes 2013/2014; décision**
**11. Personnel; décision** 16
**12. Plan de gestion des forêts pour l'exercice 2014; décision** 17
**13. Devis supplémentaire; décision** 17
**14. Musée de la Résistance: titre de recettes; décision** 17
**15. Concessions sépulcrales; décision** 17
**16. Relevé et Rôle Supplétif; décision** 17
**17. Subsides extraordinaires; décision** 17
**18. Transaction immobilière; décision** 18
**19. Commissions consultatives; décision** 18
**20. Contrats de bail; décision** 18
**21. Règlements de la circulation routière; confirmation et décision** 18
**Résumé en français** 19

## 6. Information au public des décisions de personnel

**Schäffe Jean Huss (Déi Gréng):** „Sou, léif Kolleginnen a Kollegen, Dir Dammen an Dir Hären. Nodeem elo déi Sitzung am Huis clos stattfonnt huet, kann ech Iech zwou Saache matdeelen. Dat eent si Matdeelungen déi d'Press normalerweis no all Huis clos kritt. Dat anert ass awer well mer eng aussergewéinlech Situatioun haut hei hunn, hunn ech dann d'Éier Iech hei zwou Matdeelungen ze maachen. Déi éischt ass déi, datt Dir jo alleguerte wësst, datt no de Wahlen an no der Regierungsbildung eis fréier Buergermeeschtesch, d'Madame Lydia Mutsch, zur Gesondheetsministesch ginn ass.
Doduercher ass dee Posten hei am Gemengerot fräi ginn. Nom Wahlgesetz ass et de Gemengerot deen dann eng Designatioun vun deem Posten dem Inneminister virschléit. Mir hunn dat am Huis clos gemaach. Et war eng Kandidatur déi virloung. Dat war d'Kandidatur vun der Madame Vera Spautz an ech kann Iech soen, an et mécht mer ganz grouss Freed, datt d'Madame Vera Spautz mat alle Stëmme vun alle Parteien, vun alle Fraktiounen hei am Gemengerot gewielt ginn ass. Dat heescht, vun 19 Stëmmen déi méiglech waren, huet d'Madame Spautz och 19 Stëmme kritt, an ass doduercher eis nei Buergermeeschtesch, wa se dann och nach vum Ministre de l'Intérieur dann am Ufank Januar vereedegt gëtt. Ech felicitéieren der Madame Spautz domadder."
(Applaus)

**Amtéierend Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP):** „Merci."

**Schäffe Jean Huss (Déi Gréng):** „Ech hunn am deemselwechte Sënn och d'Freed, well jo doduercher och e Posten am Schäfferot fräi ginn ass, do war eng Kandidatur do, dat war d'Kandidatur vum Här Daniel Codello. An ech hunn och do d'Freed hei Iech kënne matzedeelen, datt vun deenen 19 Stëmmen hei am Gemengerot, den Här Daniel Codello och 19 Stëmme kritt huet fir an de Schäfferot hei nozeréckelen. Och dem Här Codello eis Felicitatiounen.
(Applaus)
Dat gesot, ass et esou, datt all aner Décisioun déi am Huis clos iwwer d'Personal geholl gi sinn, déi kritt d'Press wéi ëmmer no all Gemengerotssitzung matgedeelt."
A) Démission.
Démission à accorder, sur sa demande et avec effet au 1er janvier 2014, à Madame Danielle Colombo ép. Sassel.
B) Application de l'article 90 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 qui stipule entre autres qu'en cas d'empêchement de longue durée du secrétaire communal ou de vacance de son poste, un remplaçant est désigné par le conseil communal, sous l'approbation du ministre de l'Intérieur.
Monsieur Jean-Paul Espen est à charger du remplacement à longue durée du secrétaire communal.
C) Promotions
Carrière de l'ingénieur.
Promotion avec effet au 1er mars 2014 de Madame Janine Bisdorff, affectée en tant qu'ingénieur géomètre au département des travaux municipaux, aux fonctions d'ingénieur première classe (grade 16).
Carrière du rédacteur
1) Promotion avec effet au 1er janvier 2014 de Monsieur Guy Neumann, aux fonctions d'inspecteur principal 1er en rang (grade 13).
2) Promotion avec effet au 1er janvier 2014 de Monsieur Joe Barthel, aux fonctions d'inspecteur principal 1er en rang hors cadre (grade 13).

**Schäffe Jean Huss (Déi Gréng):** „Domadder géif ech dann d'Wuert viruginn un d'Madame Vera Spautz."

**Amtéierend Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP):** „Merci dem Här Huss. Op Grond vun deenen Décisiounen déi am Escher Gemengerot elo musse falen, haut gefall sinn, an an den nächste Wochen nach wäerte falen, ass et esou, datt mer natierlech och eis Buergermeeschtesch déi elo Gesondheetsministerin ginn ass, d'Madame Lydia Mutsch, wëlle gebührend aus dem Gemengerot verabschieden. Dëst wëlle mer maachen, wann am Januar, den 13. Januar de Budget virgestallt gëtt mëttes, dat ass aussergewéinlech och, ebe wéinst den aussergewéinlechen Ëmstänn. Méindes mëttes den 13. Januar ass um 17.00 Auer Gemengerot a mir invitéieren d'Madame Lydia Mutsch als Gesondheetsministesch, awer als ehemoleg Buergermeeschtesch dann hei um 18.00 Auer bei eis an de Gemengerot, fir dann dat och kënne gebührend ze maachen an datt mer dann och net méi faisant fonction sinn, mä datt mer da vereedegt ginn. Wann elo haut alles klappt mat de Pabeieren hin an hir fueren, da misst dat och klappen, datt an der éischter Woch no der Vakanz kann d'Assermentatioun vun dem Här Dan Codello a mir dann och beim Minister virgeholl ginn a mir géifen dann deen Dag Iech natierlech alleguerten invitéieren um 18.00 Auer present ze sinn, an dat dann en Präsenz och vun der Madame Lydia Mutsch ze maachen, well dat och einfach ubruecht ass an den néidege Respekt virun hir ass.
Natierlech ass et och esou, datt wann en neie Conseiller, eng nei Conseillère hei zu Esch an de Gemengerot kënnt, déi d'Wuert kritt fir hir Untrëttsried ze halen. Mir hunn haut de Moien um 09.00 Auer eng nei Conseillère bei eis an de Gemengerot opgeholl. D'Madame Astrid Freis, déi elo eng weider Fra an dësem Gemengerot ass, déi eis elo hei ënnerstëtzt duerch déi ënnerschiddlech Verännerungen déi stattfonnt hunn an ech wéilt och vläicht direkt soen, och wann ech elo schonn op där Plaz sëtzen, nach net vereedegt sinn als 'ff' oder mer alleguerten esou sëtze wéi mer sëtzen, huet domat ze dinn, hei si just 19 Plazen an 19 Mikroen. A wa mer dann nach mussen e Stull dertëschent maache bis no der Assermentatioun oder zwou, gëtt et komplizéiert an enk. Dofir hu mer dat dann elo einfach schonn esou geregelt wéi mer an Zukunft sëtzen. Op jidde Fall si mir immens frou als Gemengerot, d'Madame Freis an eise Reien opzehuelen an ech géif se bieden elo hir Untrëttsried hei an dësem Gemengerot ze halen."

**Astrid Freis (LSAP):** „Gudde Moien Dir Dammen an Dir Hären. Ech soen an enger éischter Phas direkt eiser neier Buergermeeschtesch, der Madame Vera Spautz Merci a wënschen nach eng Kéier vill Gléck fir d'Zukunft op hirem neie Posten a vill Courage. Mä deen huet si jo, dat huet si jo scho bewisen an der Vergaangenheet. Ech wëll och eiser Ex-Buergermeeschtesch, der Madame Mutsch Merci soe fir déi gutt Aarbecht déi si hei zu Esch geleescht huet a wënschen hir och all Guddes op hirem neie Posten als Ministesch. Dann och nach menge Komerodinnen a Komerode vu menger Partei, der LSAP, Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht bis elo an deene verschiddene Kommissiounen, fir hire super Empfang a fir déi Kollegialitéit déi mir vum éischten Dag u spontan haten. Natierlech soen ech och deenen Escher Biergerinnen a Bierger villmools Merci, dass si mir bei deene leschte Gemengewahlen hir Stëmm an hiert Vertraue ginn hunn, an dass ech elo dofir hei als Conseillère däerf am Gemengerot dobäi sinn. Ech wäert alles drusetze fir si net ze enttäuschen.
Ech wëll mech just elo kuerz hei virstellen deene Leit déi mech nach net kennen. Ech si viru 54 Joer hei zu Esch bal op der Gemengeplaz, also der fréierer Norbert Metz Plaz an enger Aarbechterfamill vun

8 Kanner, lauter Meedercher, gebuer. An enger aarmer mä awer glécklecher Famill. Ech sinn hei zu Esch an d'Schoul gaangen. Fir d'éischt an d'Groussgaass, dunn an d'Dellhéicht a fir d'lescht zu Lalleng, wou mäi Papp mech da mat 14 Joer erausgeholl huet a mech bei de Bäcker Lanners schaffe geschéckt huet. Dat war esou flott, dass ech direkt 11 Joer do bliwwe sinn. Vu 14 bis 25 Joer an esou zimlech alles do geschafft hu wat ze schaffe war an dat ganz oft vu moies bis owes. Ech si mat 18 Joer bestued ginn an hunn nach ëmmer deeselwechte Mann, also war et e gudden.
(Gelaachs)
Mat 24 Joer hunn ech mäi Jong Steve kritt. Ech hu mech mat 28 Joer an enger Escher Immobilière gemellt, sinn engagéiert ginn an hunn do 5 Joer geschafft bis ech mech dann 1992 selbstänneg gemaach hunn. Hunn also elo zënter 20 Joer meng Agence hei zu Esch. 2009 sinn ech als Presidentin vum Escher Geschäftsverband der ACAIE gewielt ginn.
Wourunner ech mech mat grousser Freed a menger Kandheet a Jugend erënneren, sinn all déi Aktivitéiten déi mir 8 Meedercher hei zu Esch gemaach hunn, vun Turnveräin Eschois-Fraternelle, Bibliothéik, Schwammveräin Era, Chorale Louis Petit, d'Escher Majoretten, d'Theatergrupp etc, just kee Fussball well déi Zäit hunn d'Meedercher kee Fussball gespillt. Schlitt a Rollschong gefuer am grousse Park, Déiere kucke gaangen, esouguer an de Reitstall do uewen um Gaalgebierg, Sonndes an eis Schwämm eis wäsche gaange fir 5 Frang. All Schoulvakanzen an der Waldschoul verbruecht a mat sämtleche Kanner aus der Noperschaft vun allen Altersklassen, Nationalitéiten a Sozialschichte gespillt. Mir waren dacks zu méi wéi 20 Kanner am Schlasspark. Mir sinn och bei de Kill an d'Avenue eis Nues platt drécke gaange fir do de Fernseh kënnen ze kucken. Do war souguer am Gank vum Buttek en Hautparleur installéiert, dass mir alles matkritt hunn, well doheem hate mer kee Fernseh, mä dat war awer net schlëmm. Merci, Här Kill, duerch Iech hu mer keng Episod vum Pippi Langstrumpf a vum Bonanza verpasst.
All déi Aktivitéite ware gratis an eng super Affär war natierlech och eng Tut vum Kleeschen déi mir konnte bei de Picnic an d'Uelzechtstrooss siche goen. Do war och nach 2x Kiermes am Joer wou mer ganz aktiv hannert der Stadmusek gelaf sinn a jiddweree 5 Tickete kritt huet fir op d'Karussell wou mäi Papp mat opgeriicht hat. Ech menge schonn, dass meng sozial Astellung vu menger Kandheet a Jugend ausgeet an ech mech dofir esou fir Esch a seng Bierger interesséieren. A besonnesch fir déi Leit deenen et och net esou gutt geet. Mir brauchen natierlech hei zu Esch Bierger vun alle sozial Schichten, well dat ass immens wichteg eng Mixitéit ze hunn. Et gëtt och eng grouss Palette vu kulturellen an intellektuelle Produiten hei zu Esch ugebuede fir egal wéi déck oder manner déck de Portemonnaie ass.
Jo, d'Zäiten hu geännert, mä ech mengen dass d'Escher Bierger haut wéi an der Vergaangenheet méi wéi jee un hire Buergermeeschter an un de ganze Schäffen- an un de Gemengerot wëlle gleewen an ech hoffen, dass ech dozou bäidroe kann, fir dass ons Equipe hei alles an d'Weeër wäert leeë fir hinnen ze hëllefen an dëse schwéieren Zäiten. Si beroden an ënnerstëtze wäert, si no vir bréngt egal wéi hir Faarf, hir Nationalitéit, hir Relioun, hir Sexualitéit an hir politesch Meenung ass. Zemools wou et haut net méi wéi fréier ass, vun haut op mar eng aner Schaff fannen, eng Wunneng fir en abordable Präis, dass keen hei zu Esch méi muss op der Strooss leien an net weess wéi hie sech a seng Famill soll ernähren. Dass all Kand eng Plaz an enger Schoul, enger Maison Relais oder enger Crèche kritt, dass jiddwereen déiselwecht Chancen hei kritt, dat wënschen ech mir fir Esch.
Als Vertriederin vun den Escher Geschäftsleit läit mir besonnesch um Häerz, dass déi Escher Clienten déi an eis schéin Uelzechtstrooss an hir Niewestroosse wëllen akafe kommen, sech wuel a sécher fillen, fir dass d'Gespréich, dass Esch keen esou gutt Pflaster méi wier, ophéiert. Dass Esch eng schéin, sécher, agreabel a modern Universitéitsstad gëtt, dofir hu sech Leit agesat an dat muss viru gefouert ginn. Ech gleewe fest un Esch, un dës capabel an experimentéiert Leit déi hei op der Gemeng sech asetzen an ech sinn immens frou a stolz drop hei kënnen dobäi ze sinn a wëll op jidde Fall mat dorunner schaffen an hëllefe fir Esch dat Bescht erauszeschloen.
Merci villmools."
(Applaus)

**Amtéierend Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP):** „Merci der Madame Freis, déi wéi Dir matkritt huet, aus hiren Erläuterungen an der Escher Equipe hei wierklech gutt opgehuewen ass."

## 7. Correspondance

**Amtéierend Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP):** „Ech géif zum nächste Punkt kommen. Ënner Korrespondenz läit näischt vir."

## 8. Renouvellement du collecteur principal et renaturation de l'Alzette; présentation et décision

**Amtéierend Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP):** „Mir géifen dann direkt dem Här Hinterscheid d'Wuert gi fir e längere Marathon haut de Moien am Gemengerot als éischt Presentatioun vum neie Collecteur principal.
Och eng Première, mat Televisioun."

**Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):** „Merci. Ech hoffen, dass mer net dat üblecht erliewen, den Demobug, wann een eppes fir d'éischt mécht, da geet et jo meeschtens schief. Mir hu versicht deen Dossier hei, deen e komplexen Dossier ass, deen e ganz voluminéisen Dossier ass, mol op eng pabeierspuerend an trotzdem verständlech Manéier opzebereeden an dofir haut d'Première, dass mer dat iwwer Projektiounen op Bildschiermer maachen. Ëm wat geet et?
Et geet einfach ëm en Dossier, mat deem hei d'Gemeng scho laang schwanger geet. En Elefant, e Pachyderme brauch normalerweis vun der Zeugung bis zur Gebuert tëschent 2 an 3 Joer. Dee Kanal hei – do hanne sëtzt nach een dee gehollef huet en ze zeugen, den Här Weidig – deen dauert elo schonn 10 Joer. Dee begleet mech a menger Schäfferotsaktivitéit eigentlech vum éischten Dag un an a Form vun Etuden an nach eng Kéier Etuden an dann erëm Ënnersichungen an endlech ass et esou wäit. Endlech ass et esou wäit. Mir hunn de Projet fäerdeg.
Firwat ass et esou kompliziéiert gewiescht? Et muss ee wëssen, dass eigentlech, wann ech elo eens ginn hei mat deem Déngen, dee Kanal ass bal op den Dag virun 100 Joer décidéiert ginn. Mir hunn al Dokumenter erëmfonnt. Zënter 90 Joer gëtt d'Escher Ofwaasser op der Kläranlag zu Schëffleng behandelt. Wa mer wëssen, dass mer gestrooft ginn als Stat fir Kläranlagen am Land déi et nach net gëtt, kann ee soen, dass Esch déi Zäit och schonn d'Trendsetter war, also virun 100 Joer ronn, sinn d'Décisioune geholl gi fir d'Escher Ofwaasser an engem Kollekter ze faassen an op enger Kläranlag ze traitéieren. Och wann déi sécher net déiselwecht Performancen huet wéi déi modern Kläranlagen haut an och déi gi jo nach erëm ausgebaut.
Et ass esou, dass de Kanal 100 Joer huet. Dir hutt e puer Fotoen iwwert den Zoustand dervun. Also e fänkt un, zesummen ze falen. De Moment geet et nach. Mer mussen eis just virstelle wann deen eng Kéier zesumme fält, dann hu mer e gréissere Problem hei. Alles wat am Amont

vum Kanal ass, an do gehéiert dann alles wat ëm d'Uelzechtstrooss dréit sécher dozou. Et ass och esou, dass duerch den Alter an duerch d'Baumaterial dee Kanal net méi dicht ass. Net méi dicht ass, wat zur Konsequenz huet, dass d'un côté Waasser aus dem Grondwaasser eraleeft an d'un autre côté awer och déi Saachen déi mer jo eigentlech net wëllen, dass se an d'Grondwaasser, an d'Ëmwelt sech verspreeën, derduerch sickeren, amplaz op d'Kläranlagen ze lafen. Also dee Kanal ass einfach um Liewensenn ukomm an dofir gëtt et Zäit, dass en ersat gëtt.

Do ass déi al Trace. Dat ass d'Bestandsdokumentatioun wéi e gelaf ass. Also wann Dir dat do gesitt da fannt Dir Iech sécher net esou liicht erëm wann Dir vun uewen an der Mëtt gesitt dee Stréch, deen esou da riicht erëm no ënne geet, dat ass am Fong den Tracé vun der Pénétrante, haut, fir Iech ze orientéieren. An dee grousse roude Punkt hanne riets uewen, dat ass d'Kläranlag zu Schëffleng. Also dat ass also den Tracé haut vum Kanal deen duerch d'rue de Bergem gelaf ass, laanscht d'Pénétrante erof an dann duerch de Pudel eriwwer Richtung Schëffleng. Do sinn Tracéen, Gefällen, eppes wat cocasse ass, do hunn ech och laang gebraucht a Gott säi Dank hunn eis Ingenieure mer gehollef, well ech mech einfach net méi erëmfonnt hunn, déi muss ee liese vu riets no lénks. Mir sinn traditionell gewinnt déi ganz Tracée vu lénks no riets ze liesen, dofir kënnt een net ëmmer eraus, wann een dat fir d'éischt liest.

An dann eppes anescht wat och ganz interessant ass, déi sougenannten Dükeranlage, wat ass dat? Dat ass de Principe des vases communicants, dat ass fir ënnert der Uelzecht duerch ze kommen, déi jo am Wee loungen a mir hu misste mam Kanal d'Uelzecht ënnerqueren, an do ass fir deeselwechte Quierschnëtt dann ze behalen am Kanal, well een déi Déift net hat, sinn 2 Réier gemaach gi fir deeselwechte Volume ze halen an de Principe vun de vases communicants: Uewe méi héich, den Drock dréckt et op där anerer Säit erëm eriwwer an da leeft et virun. Dat war déi Zäit schonn en techneschen Exploit fir dat ze plangen an en place ze setzen an et huet 90 Joer fonctionnéiert, ouni dass mer e Réckstau haten.

Wat hu mer haut? Dir gesitt do op deem Tracé deen ale Kanal deen ech virdru gewisen hunn, den éischte Kollekter. Deen ass deen esou e bësse méi brongelzegen, deen uewen iwwert d'rue de Bergem laanscht d'Pénétrante erofgeet an dann duerch de Brill Richtung Schëffleng an dann hu mer en aneren, zweete Kanal, de Kanal Süd, de Kollekter Süd, deen och vu Schëffleng eriwwer bis un d'Dippecht, do wou de Centre commercial Cactus ass an an der Lëtzebuerger Strooss do deen anere rejoignéiert.

Deen neie Kollekter, den Haaptkollekter, dat déckt Stéck, dat geet da vum Pudel, den CR170A deen Dir do gesitt, dat ass d'Pénétrante haut, d'Pénétrante Lalleng, an do geet e riicht duerch de Pudel eriwwer Richtung Schëffleng. En huet awer do e puer Ouvragen ze queren, do komme mer herno nach drop, an e faasst do deen ale Kanal vun uewen erof an der rue de Bergem laanscht d'Pénétrante erof, erfaasst deen Deel deen eigentlech de Quartier Lalleng an d'Lëtzebuerger Strooss opfänkt, iwwert e Stéck wat ënnert dem Boulevard Pierre Dupong erduerch geet an erfaasst de Kollekter Süd deen derlaanscht wierkt vu Schëffleng gesitt ënnen an deem en iwwert de Boulevard Aloyse Meyer och laanscht d'Bett vun der Uelzecht eropgeet fir och do an de groussen Haaptkollekter virun ze goen.

Sou, elo muss ech kucken, dass et mer net ze séier geet hei. Do gesäit een elo vläicht net esou gutt, mä mir wollten Iech awer e puer Illustratioune gi wat deen Ouvrage ass a firwat dass dee Präis herno deen ass deen et ass. Dat éischt ass mol einfach, dass een eng rieseg Installations de chantier huet, well dee Kanal gëtt op ganz vill Tracë gedréckt. Als Fonçage net offe verluecht, well wa mer duerch d'Naturschutzgebitt Pudel ginn, dann ass et vläicht net gutt wann een op där Déift muss Grief maachen. Do ass et fir d'Ëmwelt besser an och fir d'Weidergoe vum Chantier besser wann een dat iwwert en ënnerierdesche Fonçage mécht, esou d'selwecht wéi dat wat een och haut net méi gesäit a wat eigentlech déi wéinegst Leit gesinn hunn, wéi laanscht d'Weiere bei Raemerech, laanscht d'RN31 dee Kanal geluecht ginn ass, dee Schacht geluecht ginn ass, wou déi ganz Elektroleitungen draleien.

E puer Illustratiounen, Installations de chantier fir eng vun deene grousse Start- an Zilgrouwen ze maachen, wou mer nach drop kommen. D'Fosse de départ, dat läit richteg déif. Dat ass an engem, esou ähnlech wéi de Parking hei gebaut ginn ass mat deene Pieuxen, stabiliséiert, ronn Gruef, do bannen ukënnt. E gëtt duerchgefräst an hannendru ginn d'Réier gedréckt. Do sinn d'Réier. Dat sinn déi grouss Réier, 200er Réier, do kann een et ganz gutt gesi wéi een do derduerch ka goen. Firwat sinn déi esou héich? Ma et ass fir en Entretien ze garantéieren. Deen Ouvrage soll erëm eng Kéier an 100 Joer wa méiglech fonctionnéieren. Et ass och do an den Ausschreiwunge gekuckt ginn, dass et e Material ass wat déi Liewensdauer huet, wat dicht bleift déi Zäit an dofir ass et en extra Beton mat Polymer a Polyester an ech weess net wat nach alles dra fir déi Dichtegkeet sécher ze stellen, dass weder Infiltratiounen nach Exfiltratioune kënne stattfannen.

Esou gesäit dee ganze Chantier aus. Esou gesäit e Mann aus deen herno duerch dee Kanal leeft. Do ass eng Tête de forage wou virgedréckt gëtt an hannendrun, iwwert déi Tête de forage kommen direkt d'Réier hannendrun no. Dat ass einfach fir ze illustréiere wéi dat gemaach gëtt. Do ass déi ganz Sammlertrace, also de Lous A, den Haaptkollekter, dee vun der Pénétrante ganz lénks Richtung Schëffleng eriwwer geet an do hu mer déi éischt grouss Installation de chantier laanscht d'Pénétrante. Mer hunn dann eng Zilgrouf. Dat ass déi zweet hannendrun a mir hunn eng Start- an Zilgrouf, ech erklären och nach wat dat bedeit, wou mer eng Kéier an déi eng Richtung drécken an eng Kéier an déi aner Richtung drécken. Dat gëtt elo e bësse méi ersichtlech an deem nächsten.

Mir hunn do deen éischte Punkt, direkt bei der Pénétrante. Dat ass dat éischt wat do ze maachen ass, dat ass d'Ënnerquerung vun deem Fiichtgebitt vum Pudel. Do geet et vun där éischter Grouf eriwwer a Richtung Schëffleng. Dann ass dat nächst, dat ass och eng Erausfuerderung. Dat ass d'Ënnerquerung vun deem Gleis wat tëschent Arcelor/Mittal an deene verschiddene Wierker geet a wat och mat zum Deel d'Zementswierk déservéiert. Nächste Punkt ass deen, do geet de Kanal net méi riicht. Do muss en e grousse Bou maachen, vir laanscht de Vëloswee leeft en dann, dee Richtung Schëffleng geet, duerch d'Héidenger Strooss, fir dann herno finalement d'Collectrice du Sud, d'A13 zu Schëffleng an d'Uelzecht zu Schëffleng ze ënnerqueren. D'Collectrice du Sud, 12,5 m déif muss do de Kanal sinn, an d'Uelzecht do brauch et net esou déif ze goen. Dat ass nëmmen 2,5 m. Do einfach Illustratioun, wann een et erkenne kann. Et ass eng ganz reng Linn an der Mëtt. Dat ass déi vum Grondwaasserspigel an do gesitt Dir d'Gefäll vun deem Kanal an och déi verschidden Ouvragen drop, dee Pic an der Mëtt dat ass do wou dat Gleis wat op Arbed Schëffleng ass, muss ënnerquert ginn.

Nach eng Kéier verschidden Tracen, e bësse méi grouss. Voilà, do ass eng Zilgrouf, net eng Startgrouf, mä dat ass eng reng Zilgrouf. Et ass jo esou? Et ass eng Start- an eng Zilgrouf. Ech hu geduecht d'Start- an d'Zilgrouf wär déi mam Bou?

Dat do ass dann eng Start- an Zilgrouf wou mer op enger Plaz fortfueren. Déi huet en Duerchmiesser vun 12 m an do geet et eng Kéier Richtung Esch fort an eng Kéier Richtung Kläranlag. Bon, esou wéi esou eng Start- an Zilgrouf ausgesäit, wéi dat herno dra läit. Do ass déi zweet. Dat ass eigentlech nëmmen eng Zilgrouf. Dat ass do wou de Bou ugeet Richtung Schëffleng, wat mer virdru gesinn hunn. An da gesitt Dir uewen, et muss ee jo dat wat awer de Moment nach versuergt gëtt, muss een och erëm eng Kéier opfänken, an dat ass en Deel vu Schëffleng aus der Héidenger Strooss, dee geet herno mat an dee Kollekter era wéi dat elo zënter 100 Joer ass.

Dat do stéiert eis alles nach net schrecklech hei an Esch. Dat do leeft jo quasi an der Brousse. Mä elo fänkt et u méi kritesch ze ginn an elo fänken och un d'Komplexitéit vum Dossier. Dat ass de Kollekter B, dat ass dee wou mer de Kollekter vum Boulevard Pierre Dupong bis erop op d'Pénétrante féieren, fir dass en do erëm an den Haaptkollekter ka goen. An dat gëtt e bësse méi komplizéiert, well dee gëtt dann och no Bauweis gemaach. Dat geet domat un, dass e fir d'éischt déi bestehend Kanalisatioun am Boulevard Pierre Dupong, ongeféier do wou déi Bréck ass déi iwwert d'Lëtzebuerger Strooss geet a virugeet, fir un déi bestehend Kanalisatioun fir déi aus der rue de Bergem och nach opzefänken, déi da laanscht d'Pénétrante Lalleng erofkënnt fir dann och iwwert deen dote Wee an den Haaptkollekter ze kommen. Dat do sinn d'Schnëtt. Ech mengen dat ass an Tracen.

Dann den nächste Punkt, dat ass dee vum Boulevard Aloyse Meyer fir de südleche Kollekter ze faassen. Dat gëtt am Fonçage gemaach an do geet et esou ongeféier op der Héicht vun der Résidence Theisen un an dat gëtt op 365 m ënnert dem Boulevard Aloyse Meyer gedréckt bis et erauskënnt do ongeféier wou déi éischt Haiser sinn am Pudel a wou d'Uelzecht erëm apparente gëtt. An do geet et da laanscht d'Uelzecht erop an offener Bauweis, lénks vum Uelzechtufer an dann och lénks laanscht d'Pénétrante Süd erop bis uewen do wou deen zweete Kollekter kënnt, deen aus dem Boulevard Pierre Dupong kënnt a wou déi zwee zesummen dann d'Pénétrante quere fir an den Haaptkollekter ze goen. Deen éischten Deel ass e 1.600er, also net grad esou grouss wéi deen aneren an deen offene Kanal dat ass e 1.400er an ënne gëtt deen nach eng Kéier gefaasst.

Voilà, do gesitt Dir nach eng Kéier de ganze Wee och wéi déi geplangten Trace ass a wéi déi geplangten Installatioun ass, e bësse méi grouss erausgezoomt. Alles dat nach eng Kéier dat wat ech gesot hu vun uewen erof wat d'rue de Bergem gefaasst gëtt, wou de Boulevard Pierre Dupong eriwwer kënnt a wou ënnen dann de Kollekter, just de südleche Kollekter, wou déi dräi zesummen da sech an den Haaptkollekter déverséiere fir dann a Richtung Schëffleng ze goen.

Voilà, esou gesäit dat aus. Dat gëtt offe gebaut. Do musse mer natierlech virdrun den Etat des lieux maachen. Well do komme mer relativ no un d'Haiser erun. Do gëtt et dann duerno stabiliséiert mat Gabionen an erëm zou getippt an da gëtt et natierlech erëm der Natur fräi iwwerlooss.

Den Aloyse Meyer, duerch Pressung also op der Héicht ongeféier wou dee Parking elo ass, wou d'Spidol do geréiert, eriwwer Richtung Arbed Schëffleng, Richtung Uelzecht. Dat Ganzt huet en Impakt op de Verkéier. Also fir d'éischt mol, d'Pénétrante Lalleng bleift quasi permanent op bis dee Moment wou se gequert gëtt. Et muss eng Kéier gequert ginn, dat ass ronn e Mount an dat wäert entweder ganz zum Schluss vum Chantier oder iergendwann eng Kéier dertëschent sinn, wann et sech gutt maache léist, well dat ass ganz präzis ze tackeren an ze maachen. Soss ass d'Pénétrante eng Kéier zweespureg vun ënnen erop op an eng Kéier zweespureg vun uewen erof op an et ass eis wichteg, dass déi viru fonctionnéiert well soss guer näischt méi ka fonctionnéieren. An da kënnt iergendwann och, wat ech elo grad gesot hunn, do läit de Chantier dann op der lénker Säit, da fiert de Verkéier iwwert d'riets Säit, awer nëmmen zweespureg.

E bësse méi komplex gëtt et wa mer am Boulevard Pierre Dupong schaffen, do hu mer op jidde Fall ee Moment och d'Pénétrante gespaart. Dat ass wa mer d'Traversée maachen. Da gëtt natierlech de Verkéier iwwer d'Lallenger Strooss ëmgeleet Richtung A4. An de Verkéier fir de Monkeler unzedingen, dee gëtt – dat hate mer schonn, mer hu se d'lescht Joer eng Kéier gequert – dee gëtt dann duerch d'Gewerbegebitt wat do op der Säit vun der Autobunn läit, bedingt. A momenterweis ass och den Trafic local perturbéiert a muss ëmgeleet ginn, mä e bleift op jidde Fall och ëmmer bestoen, well de Quartier muss bannendran awer accessibel bleiwen.

Dann dat lescht Stéck wat näischt eigentlech mam initiale Kollekter ze dinn huet, wat awer induzéiert ass duerch dee Projet dee mer alleguer kennen an op dee mer eigentlech och scho méi laang waarden, dat ass de Rondpoint op der Kräizung Lëtzebuerger Strooss/Aloyse Meyer/Boulevard Grande-Duchesse Charlotte/Monnerecher Strooss, deen Oval deen do soll kommen, well et ass kee Rondpoint, et ass eigentlech eng Quetsch. Mä de Giratoire Lëtzebuerger Strooss, do gëtt dann och de Kanal dee vun ënnen erop kënnt aus der Lëtzebuerger Strooss, den ale Kanal gëtt nach eng Kéier gefaasst a gëtt do och eriwwer gedréckt an de südleche Kollekter Richtung Aloyse Meyer. Do sinn och zwee Ingenieursbüroen, wann ee sech freet, firwat dass et eng Kéier deen een a firwat ass et eng Kéier deen aneren. Et ass ganz kloer, de Bureau Schroeder dat ass deen deen de Giratoire mécht an deen anere Bureau TR, dee mécht dee vum Haaptkollekter, mä ech mengen déi gi mateneen eens. Se brauche sech jo just op där richteger Plaz ze treffen. Net wéi eng Kéier, et ass mol eng Kéier esou eng Reklamm gi mat Béier „Chef, wir haben ein Problem", wou se d'Bréck gebaut hunn, wou se net beienee komm sinn. Ech sinn awer sécher dass si dat hei wäerte fäerdeg brénge sech do ze geroden.

Och erëm eng Kéier den Aloyse Meyer gëtt do och virun allem duerch d'Press, also do gëtt och net offe gegruewen. Dann den ënneschten Deel Richtung Giratoire vun der Lëtzebuerger Strooss och gepresst an dat eenzegt Stéck wat offen do muss geluecht ginn, dat ass laanscht d'Dippecht, fir ënnert der Dippecht erduerch ze kommen a fir dee Kollekter deen do ass, och nach eng Kéier ze faassen. Fir déi wou genau kucken, déi gesinn, dass de Kollekter niewent der Dippecht läit an net an der Dippecht. Voilà.

Dann, e leschten Deel vun dësem Dossier, dat ass d'Renaturatioun vun der Uelzecht, well wa mer da schonn amgaange sinn do ze schaffen, do huet och de Stat, ass jo e Projet un deem scho méi laang geschafft gëtt, dat ass d'Renaturatioun vun der Uelzecht. Déi gëtt dann an deem Kontext vum Projet mat gemaach a parallel gëtt och profitéiert op där aler Kanaltrace an do hu mer relativ vill, vill, vill mam Environnement missten diskutéieren a streiden, fir dass mer do de Vëloswee, déi Kanaltrace kënnen als Piste cyclable notzen, fir op engem riichte Wee, séchere Wee vun Esch no Schëffleng ze fueren an net duerch d'Naturschutzgebitt mussen ze fueren. Well wann een de Vëlo wëll promouvéieren, net als Tourismus an als Fräizäitfortbeweegungsmëttel, mä am deegleche Liewen, da muss ee riicht Weeër hunn an dat do realiséiert dat dann och. An esou gesäit dann herno dat Ausdehnungsgebitt vun der Uelzecht aus wa se renaturéiert ass. E bëssen d'Duer-

stellung wéi et haut ausgesäit, a wéi et kann a 5 Joer ausgesinn. Fir d'éischt gëtt dat aalt Uelzechtbett erausgeholl. Et gëtt zougetippt an da sicht d'Uelzecht mat e bëssen Ënnerstëtzung vum Modelage vum Terrain sech hiren natierleche Wee an d'Mäanderen déi crééiere sech dann zum Deel selwer.
Dat Ganzt kascht Suen. Et ass natierlech fir 100 Joer. Et muss een dat ëmmer hannendru gesinn. Et ass fir 100 Joer. Mir wäerten net méi erliewe wann deen nächste Kanal nach eng Kéier muss nei gemaach ginn. Hoffentlech, well wann dat de Fall wär, dann hätte si schlecht geschafft déi do ënne sëtzen a genësserlech grinsen, d'Ingenieuren. Also mir hunn den Haaptkollekter Lalleng SIVEC, dat si ronn 17 Mio, 12,7 Mio vum Stat subventionéiert a 4,1 Mio bleiwen do fir d'Gemeng. Den zweeten Deel, de Collecteur principal Lalleng, dat si ronn 3,4 Mio. 2,5 Mio de Stat an 950.000€ fir d'Gemeng. D'Renaturatioun vum Pudel déi ass elo mat 1 Mio ugesat. Déi wär da 50/50, mä do si mer awer nach mam Stat op deem doten Dossier amgaang ze diskutéieren. Mir wëssen och nach net genau, wéi déi Renaturatioun sech elo do herno weider entwéckelt, mä dat do ass elo mol fir eis de worst case agesat, dass mer op jidde Fall erauskommen.
En moyenne gëtt dat en Taux de subventionnement fir dee ganze Projet, wann een alles dat zesummen hält, vu 75% wou de Stat iwwerhëlt. Dat ass och elo mat der Waasserwirtschaft esou wäit alles gekläert. Deen Dossier hei huet den Accord vum Waasserwirtschaftsamt, awer den definitive Subventionéierungsaccord kréie mer eréischt wa mer den Dossier, den Devis gestëmmt hunn als Gemengerot an dann de Ministere ginn. Mä et gëtt eigentlech legal keen Argument, dass mer en net kréien an duerfir géinge mer Iech och herno proposéiere bei der Deliberatioun, den Devis ze stëmmen, sous réserve dass d'Subventionnement esou kënnt wéi ech dat elo exposéiert hunn, dass mer deen Taux moyen vu 75% kréien.
Sou, ech mengen elo sinn ech bal zum Schluss ukomm. Voilà. A wat heescht dat an der Zäit. Et ass nämlech och net onwichteg, et ass jo eng pluriannuell Planung. Dat do baut ee jo net vun haut op mar. Am Prinzip wann de Gemengerot haut dat approuvéiert a wann de Stat definitiv säi Krop drop setzt, kënnt 2014 nach net ganz vill op eis zou wat den Haaptkollekter ugeet. Do kënnt 2016 eigentlech deen déckste Pak an da wäre mer 2017, um Enn 2017 wäre mer fäerdeg. De Kollekter zu Lalleng, de Carrefour Lalleng, de Giratoire, dat hänkt wesentlech dovunner of wéini dass dee Chantier ufänkt, mä déi 2 Chantiere kënnen onofhängeg, deen ee vun deem anere lafen. Also den Haaptkollekter dee ka gebaut ginn an all dat anert ka separat dovu gemaach ginn an dat kann och anenee verzahnt ginn an dat ass net onwichteg ze wëssen. D'grouss Suerg ass fir eis och déi vum Haaptkollekter, well wann déi zesumme fält, dann hu mer e richtege Problem a wann ee kuckt, déi Gréisst an déi Streck wou dat duerstellt, do si 5.000 Kubikmeter sinn do Reserve dra fir opzestauen hannendrun. Also dat ass Stauvolumen, dat ass net wéineg.
Dat ass de Finanzplang wéi een en elo an deenen Hypothese gesäit, mä dee verschiebt sech natierlech ofhängeg, wéini wat fir eng Autorisatioune kommen a wéini mam Giratoire zu Lalleng ugefaange gëtt. An eigentlech géing et eis arrangéieren, wa mer scho vill fäerdeg wären, déi Belaaschtung déi laanscht d'Pénétrante ass, wa mer de Boulevard Pierre Dupong scho fäerdeg hätten an dann de Giratoire eréischt géing ugoen, mä dat kënne mer eis leider net ëmmer eraussichen an dofir gëtt de finanzielle Plang elo adaptéiert en Fonctioun vun deenen Décisiounen déi do op Regierungsniveau elo nach ze komme sinn, deenen zäitlechen Décisiounen. An ech soen Iech elo mol Merci an ech hoffen ech war wierklech net ze laang."

**Amtéierend Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP):** „Merci, Här Hinterscheid. Den Här Zwally, den Här Baum, den Här Weidig, den Här Kox. Wéi eng Hären nach?"
(Gelaachs)

**Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):** "Ah, wat war dat dote béisarteg."

**Amtéierend Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP):** „Den Här Zwally."

**André Zwally (CSV):** „Merci, Madame Spautz. Ech wollt dann am Numm vun der CSV dem neie Waasserwirtschaftsminister Merci soe fir déi flott Presentatioun déi hien hei gemaach huet. Et ass u sech esou, dass mer jo haut historesch Deeg erliewen, haaptsächlech och op dësem Niveau. Wa mer hei e Vote ze huelen hunn, déi an deenen nächst 100 Joer Bestand huet, da kann ee jo soen, dass mer wierklech an enger Nohaltegkeetsdiskussioun sinn déi eis dann och erfreet.
Mir wollten awer e puer Remarquë maachen, wat eis méi interesséiert. Et ass nämlech deen, déi Remarque wat d'Nonnewisen ubelaangt, haaptsächlech wat dee Volet vun der Renaturéierung ubelaangt. Mir hu senger Zäit hei d'Diskussioun gehat, ganz am Ufank, wéi mer dat an Usproch geholl hu fir d'Stadentwécklung ze maachen um Niveau vum Quartier vun den Nonnewisen. Do hu mer och senger Zäit vun der ekologescher Renaturéierung geschwat. A mir hunn net méi spéit wéi viru gutt 3 Méint iwwert déi ekologesch Renaturéierung Diskussioun gehat, well dat och en Invest war deen awer finanziell eis eppes kascht huet an dee sollt op de Wee goe fir méi propper Waasser dann an d'Dippecht ze kréien déi et da viru gedroen huet, an do hu mer awer mat Erstaune festgestallt, dass eigentlech dat Resultat net komm ass esou wéi mer eis dat virgestallt hunn. Also mir géife wënschen, dass wa mer op deen dote Wee ginn an Investissementer maachen, da soll ee sech och mat der Propretéit vum Waasser auserneesetzen an da soll een och dofir suergen, dass Deeler dovunner, esou wéi mir eis dat och virstellen an esou wéi mer dat och gesot kréien, deementspriechend ausgesinn.
Dann hu mer deen zweete Volet an do ginn ech Iech recht, dat ass nämlech um Niveau vum Etat des lieux. Etat des lieux kënne mer eis erënneren, dass wéi mer Raemerech entwéckelt haten um Niveau vun dem Quartier Uni Belval, dass do eigentlech och Problemer entstane waren, nodeem verschidde Bauten ugefaangen hunn, haaptsächlech um Niveau vun der Strooss, do war et wichteg fir den Etat des lieux ze maachen, insofern wa mer op deen heite Wee ginn, ass et och fir eis als CSV wichteg, dass déi Leit déi am direkten Ëmfeld betraff gi vun deenen heiten Aarbechten, deementspriechend opgekläert ginn an och deen néidege Soutien vun der Gemeng kréien, fir dass dat doten herno net zur Diskussioune kënnt déi mer eis net kënnen erlaben.
Ech wollt awer nach soen, dass mer och viru Joeren eng Motioun hei gestëmmt hate vum Här Codello. Dat war eng déi iwwer Waasserwirtschaft gaangen ass, wou mer eis och deemools d'Wuert ginn haten, mir géife méi regelméisseg, vue dass dat awer eng Thematik ass déi eis alleguerte soll interesséieren, net nëmme regional, mä och landeswäit. An ech géif nach eng Kéier gären un déi dote Motioun erënneren, esou dass mer eis dann, wa mer dann op deen dote Wee ginn, méi regelméisseg mat dem Produit Waasser auserneesetzen, well et an der Zukunft dach awer eng aner Bedeitung kritt wéi déi déi mir fir eis als solch, déi e bësse verwinnt sinn domatter, kenneléieren, an dofir géif ech dann als CSV nach eng Kéier biede fir déi nach eng Kéier aus

dem Schaf ze huelen an dann och kloer dorop anzewierke bei där Motioun déi mer senger Zäit haten.
Wat elo déi 100 Joer ubelaangt, ech mengen ech hu mäi Kolleg hei niewendrun dee gesot huet, dass d'Réimer senger Zäit net fir 100 Joer gebaut hunn, mä déi hu bis 1.000, bis 2.000 Joer gebaut gehat. Wat awer allerdéngs net fir eis d'selwecht a Fro kënnt. De Choix vun hirem Material deen Dir geholl hutt, kënne mir ganz ënnerstëtzen, well eigentlech dat och eise Choix gewiescht wier. Wann een haut déi technesch Anlage kuckt, wann een och kuckt wat à ce stade actuellement um Maart ass, da kënne mer dat ënnerstëtze wat Dir hei proposéiert um Niveau vu Material, insofern dass dann och Är Demande fir dat heite mat ze stëmme vun der CSV kee Problem ass, esou dass mir dat da wäerten och deementspriechend mat ënnerstëtzen an och deen Devis deen Dir ugeschnidden hutt, wäerte mer herno och selbstverständlech mat ënnerstëtzen. An deem Sënn soen ech Iech och Merci."

**Amtéierend Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP):** „Merci, Här Zwally. Den Här Baum."

**Marc Baum (Déi Lénk):** „Merci, Madame Buergermeeschter. Merci och dem Här Hinterscheid fir dës ganz passionéiert Duerstellung vun engem Sujet deem ee seng Passioun op jidde Fall net esou à première vue ofgesäit an déi am Fong ganz flott medial Duerstellung dovunner. Mir ënnerstëtzen deen heite Projet. Mer mengen datt en eng Wichtegkeet huet, déi net à première vue esou ze gesinn ass, well wann een iwwer Kanäl schwätzt, dann ass dat sécherlech e Sujet mat deem een normalerweis kee Wahlkampf ka féieren a sech och net domatter dobaussen esou bretze kann. Ech mengen awer, datt et eng ganz grouss Wichtegkeet huet.
Och déi Voleten déi Dir hei duergestallt hutt, souwuel de verkéierstechneschen, wat de Giratoire ugeet, wéi awer och d'Renaturéierung vun der Uelzecht sinn Dimensioune vun deem dote Projet déi mir komplett ënnerstëtzen.
Zwou Remarquen awer vläicht. Dat eent dat ass d'Dauer. Dir hutt virdru richteg drop higewisen, datt de Projet entstanen ass zu enger Zäit wou den Här Weidig a senger ganzer Virilitéit nach d'Vaterschaft fir dëse Projet droe konnt."
(Gelaachs)

**Paul Weidig (LSAP):** "Merci, merci! Dat gëtt e Patt, herno."

**Marc Baum (Déi Lénk):** „Dat heescht 2003, am Oktober 2003, ass eng éischt Machbarkeetsetude entwéckelt ginn a bis et fäerdeg ass, vum Zäitpunkt vum politesche Wëlle bis zur Finalisatioun, wäerte 15 Joer vergoen. A wat ech mer als Fro stellen, ass déi 10 éischt Joer vun der Planung, vun der Machbarkeetsetude bis zum Vote vum Budget ass mir net kloer, wouranner déi 10 Joer Zäit wierklech da bestanen hunn, wou d'Problemer bestanen hunn, firwat eng Planungsdauer vun 10 Joer néideg war fir et kënnen elo zu dësem Zäitpunkt ëmzesetzen, respektiv ze votéieren.
Dann eng zweet Remarque ass déi wat d'Käschten ugeet. Et si ganz héich Käschten, déi insgesamt zu ronn ¾ vum Stat cofinanzéiert ginn, nach ënnert deem ale Modus vun 90% Subventioun. An do muss ee sech awer och virun Ae féieren, datt wann een elo, haut, esou Projete géif entwéckelen, dat géif an d'Millioune schloe fir d'Gemeng, wat dat vu Méikäschte wier, doduerch datt de Subventionéierungsschlëssel vun 90 op 75% erofgesat ginn ass am Kader vun deene leschten Austeritéitsmesure vun der CSV/LSAP Regierung wat a mengen Ae wierklech skandaléis ass. Och wann ee sech virun Ae féiert, datt de lëtzebuerger Stat muss Sue bezuelen an elo dagdeeglech och nach muss Sue bezuelen, justement well de Punkt vun de Kläranlagen net op eng satisfaisant Aart a Weis gekläert ass. Dëst gesot, gi mir awer och natierlech eis Ënnerstëtzung zu deem dote Projet."

**Paul Weidig (LSAP):** „Also fir d'éischt mol Merci fir déi Komplimenter déi ech hei gemaach kritt hunn an ech wollt awer drop hiweisen, datt dat hei wierklech e ganz wichtege Projet ass. Ech géif soen, dat ass e Projet deen Esch fit mécht fir d'Zukunft. Einfach, mir mussen eis bewosst sinn, dass mer esou vill Leit bäikréien an och bäikritt hunn, an dass mer awer och Unisstad ginn an doduerch zousätzlech Infrastrukture gebraucht ginn. Dat si keng Infrastrukturen déi ee gutt gesäit, déi direkt opfalen, mä dat si lauter Infrastrukturen déi onbedéngt wichteg sinn, déi am Buedem leien, déi net sichtbar sinn, mä awer wierklech och hir wichteg Fonctioun hunn. Dat ass awer net nëmmen d'Kollekteren. Dat ass och de gesamte Reseau vum Waasser. Et ass de Reseau vum Elektreschen an esou weider.
Dësen Dossier, hutt Dir gesinn, dee besteet äus dräi Haaptprojeten an ech wëll elo net vill an den Detail agoen. Dat huet eisen Ofwaasserschäffen hei schonn en tous les détails erkläert a flott duergestallt. Dat eent ass de Kollekter effektiv, dee vun dem Lalleng, vun der Kräizung mat der Penetrante, mat der – wéi heescht déi Strooss elo – mat dem Boulevard Pierre Dupong, dee vun do an de SIVEC féiert. Dann de Kollekter ënnert dem Square Lalleng, wat e ganz opwennegen an e ganz speziellen, awer och wichtege Projet ass an ech wäert nach eng Kéier drop zréck kommen. An dann dat lescht ass d'Renaturéierung vun der Uelzecht, wat am Fong geholl eng Verlängerung weider ass an deene gesamte Moossnamen déi mir ergraff hunn, fir d'Uelzecht ze renaturéieren. Do wollt ech awer dem Kolleg, dem Här Zwally soen, dass dat eigentlech näischt mat Propretéit ze dinn huet, et huet éischter domat ze dinn, dass mer Stauraum schafe fir zousätzlech Waassermassen déi ganz schnell op eis Flëss duerkommen, well eben duerch déi Versigelung déi ronderëm geschitt, d'Waasser méi schnell ofleeft wéi fréier.
Mir realiséieren, an et muss eis bewosst sinn, wierklech e Joerhonnertbauwierk well dee bestehende Kollekter, et sinn der iwwregens zwee, déi zwee bestehend Kollekter, deen ee leeft ënnert dem Pudel erduerch, dee kenne mer. Deen ass wierklech an engem desolaten Zoustand an ech hunn ëmmer gesot, wann deen eng Kéier zesumme bréckt, dann hu mer wierklech Problemer hei zu Esch. Deen anere Kollekter dat ass deen, dee laanscht d'Weiere leeft an ënnen duerch d'Héidenger Strooss, deen nach an engem besseren Zoustand ass, mä do hunn déi Schëfflenger och eng ganz Rei industriell Bauten higestallt a se hu sech am Fong an de Kollekter ugeschloss deen net duerfir virgesi war. An ech ka mech erënneren, dass e fréier Kondukter hei, e wuelbekannten, dee sech eng Kéier wierklech bal kritt hat mam Techniker vun der Gemeng Schëffleng well dee sech ongefrot a säi Kollekter ugeschloss hat.
Voilà. Ech mengen dat ass ganz wichteg well wann dee Kollekter, an dat ass dat Allerwichtegst wat mer hunn, wann ee vun deenen zwee Kollekter wierklech kuerzfristeg Problemer kritt, da misste mer dat ganzt Ofwaasser vun Esch pompelen an ech ka mer net virstelle wéi mer dat solle maachen. Op jidde Fall net op eng relativ einfach Aart a Weis. Mir wëssen alleguerten, haaptsächlech de Kollekter deen ënnert dem Pudel erduerch geet, dass e praktesch net accessibel ass. Dat ass ee vun de ganz grousse Problemer. Keen Entretien kann do gemaach ginn. Et sinn Infiltratiounen. Et sinn Exfiltratiounen an esou weider, alles wat dat ebe mat sech bréngt. Haaptsächlech och Ëmweltproblemer.

An dann deen anere Punkt dee mengen ech, nach net virgehuewe ginn ass, deen awer och ganz wichteg ass, dat ass déi Verleeung vun deem jëtzege Kollekter vun der Entrée Cactus, deen dann a Richtung ënne laanscht d'Weiere geet, dee läit um Terrain vun Arcelor/Mittal. En ass zum Deel verstoppt. Et kënnt een och guer net drun an dat ass och ee vun de ganz grousse Problemer, wou Gott säi Dank bis elo näischt geschitt ass, wou mer wierklech Problemer kritt hätte fir deen an d'Rei ze setzen. An ech mengen, wat ech elo just gesot hunn, wann een doraus Konklusiounen zitt, da muss ee sech bewosst sinn, dass dat wierklech hei, dass dat e Joerhonnertbauwierk gëtt, wat onbedéngt erfuerderlech ass an dat mer esou schnell wéi méiglech musse realiséieren. Dass dat esou laang gedauert huet, dat ass an deem Sënn ze verstoe well ech muss jo soen déi Zäit wéi ech nach aktiv war hei an den Travauxen, hate mer schonn ugefaange mat deene Projeten. De Problem war eis bewosst, mä mir haten ëmmer erëm Diskussioune mam Waasserwirtschaftsamt an eng vun de Fuerderungen déi do gestallt si ginn, do wollte si e globale Konzept vum Escher Ofwaassernetz hunn, ier dann definitiv géif geplangt ginn. Well mir féiere jo wierklech am Ablack zwee Ofwaassersträng, déi féiere mer zesummen an ee groussen Ofwaasserkollekter deen dann op d'Kläranlag geet. Ech wëll net op d'Detailer agoen, mä ech wëll awer drop hiweisen, dass am Ablack schonn dee Kollekter plazeweis relativ déif läit. Ech mengen, dee beim fréiere Cactus laanscht, dee geet bal 6 oder 7 Meter déif. Dat war en immense Problem, deen ass net als Fonçage gemaach ginn, mä an der oppener Baugrouf a well mer elo awer kënne mat Fonçage schaffen, gi mer eng ganz Partie vu Problemer aus dem Wee. Éischtens mol dee gesamte Opwand dee mer musse maache fir de Verkéier ëmzeleeden an och mat deenen Nodeeler déi dat hat, mat de Stauen, mat där zousätzlecher Zäit déi déi Leit brauchen déi déi Weeër wëlle benotzen.
Et sinn nach mengen ech zwee Punkten déi ech wëll hei ervirhiewen. Dat eent ass d'Renaturéierung vun der Uelzecht déi automatesch matgemaach gëtt. Wat ganz wichteg ass, ech hunn dat scho gesot, dass d'Waasser net ze schnell ofleeft, dass mir och e gewëssen Deel, et ass am prakteschen e grousse Réckhaltebecken, wann een dat esou wëll huelen, dass mer d'Waasser net esou schnell an de Réiserbann kréie wou mer souwisou scho Waasser genuch hunn. An dat zweet wat mengen ech ganz flott ass, dass dovunner profitéiert gëtt, wa mer duerch de Pudel fueren, do gëtt jo en zwee Meter Duerchmiesser Kanal geluecht, dass mer doriwwer eng uerdentlech Vëlospist maachen, esou dass mer eng direkt Verbindung Schëffleng iwwert dee Vëloswee mat Esch hunn. Dat ass wierklech eng ganz gutt Geleeënheet. Ech hat ee Moment zum Kolleg hei gesot, mir kéinte jo och déi riese Réier do vun zwee Meter huele fir mam Vëlo doduerch ze fueren, mä bon, wann ze vill Waasser kënnt a virun allem och mat grousse Leit, déi kréien da Problemer. Mä zwee Meter ass schonn en erstaunlechen Duerchmiesser. Ech mengen dat musse mer eis bewosst sinn. Et ass awer just nëmmen op deem Haaptkollekter wou déi zwee Meter genotzt ginn. An dat ass och ganz wichteg dass mer déi zwee Meter hunn, dann ass dee Kanal och begehbar. Mir kënnen och kucke wou Problemer sinn a mir kënnen och do relativ schnell intervenéieren. Mir hunn och d'Méiglechkeet dann iwwert dee Wee, Vëloswee ass och zur gläicher Zäit en Exploitatiounswee, esou dass dee ka genotzt gi fir den Entretien vun deem Kanal do. Wat am Ablack net méiglech ass. Duerfir ass et wichteg, dass mer esou schnell wéi méiglech deen Deel do renovéieren an alle schlechten oder massive Follege wann deen eventuell kéint zesummebriechen, dass mer deene kënnen aus dem Wee goen.
Voilà, ech mengen dat sinn déi wichtegst Saachen déi ech wollt soen. Vläicht nach e puer Wuert zu der Subventionéierung. Am Prinzip gëtt dee Projet well e virun 2007 mengen ech, gemaach ginn ass, zu 90% subventionéiert, mä ëmmer nëmmen e Stéck vun deem Gesamten, alles wat urechenbar ass, esou dass mer letztendlech bei enger Partizipatioun vum Stat in globo vu 75% kommen. Wat elo d'Renaturéierung ubelaangt, et ass 50/50% an do mengen ech, sollt ee mol eng Kéier mam Stat awer och nach eng Kéier do intervenéieren, well mir do Moossnamen huelen déi letztendlech dem ganze Land déngen.
Voilà, ech mengen dat sinn déi Punkten déi wichteg sinn. Nach eng Kéier, et ass e Jorhonnertwierk, Bauwierk wat mer hei schafen, konzipéieren, wat extrem wichteg ass, wat natierlech net vu bausse gesi gëtt, well et eben ënnert dem Buedem läit, mä wat awer och muss ugepaakt ginn, an duerfir géif ech dem Schäfferot wierklech Merci soen, dass si dat elo ugepaakt hunn an de Budget setzen, dass dat elo an deenen nächste Joere realiséiert gëtt. Merci."

**Amtéierend Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP):** „Merci dem Här Weidig. Den Här Kox als leschte Spriecher."

**Martin Kox (Déi Gréng):** „Merci, Madame Spautz. Begréissen déi ausféierlech Presentatioun vum Här Hinterscheid vun dësem a sech ganz wichtegen Dossier. D'Punkte sinn dobäi ganz fachmännesch a gutt duergestallt ginn. Heibäi geet et ëm eng ganz grondleeënd Infrastruktur vun eiser Stad déi praktesch no engem Jorhonnert erneiert muss ginn. D'Gesamtschmotzwaasser vun Esch leeft iwwert dësen Haaptkollekter an d'Kläranlag SIVEC zu Schëffleng a vun do an d'Uelzecht. Mat dësen Aarbechte realiséiere mir en nohaltege Projet, ass schonn ugedeit ginn, dat eisen nokommende Generatiounen dénge wäert. Finanziell gëtt e gréisstendeels vum Stat mat finanzéiert. Awer do ass et ganz richteg, wat och den Här Weidig gesot huet oder den Här Baum ukléngе gelooss huet, mir sollten u sech eng Entrevue effektiv bei de Ministèren ufroe fir deen een oder deen anere Punkt an de Prozenter wat de Stat soll bezuelen, vläicht dach soll eropgesat ze kréien.
Ee Punkt dee kuerz vum Här Weidig ugedeit ginn ass, ech wollt éischter froen, oder déi Informatioun déi ech hunn, kombinéiert gëtt heibäi bei deem Kollekter e Réckhalstauraum dee vläicht iwwer Réier geet, dee verhënnere soll, dass bei staarkem Reen d'Schmotzwaasser ongekläert direkt an d'Uelzecht leeft. Doduerch dass eben alles versigelt ass, ass d'Angebot vu Waasser ze grouss an d'Kläranlag schafft dat net méi, dass dat Waasser, wat do en masse kënnt, dass dat dobäi nach gekläert ka ginn. Dat ass fir eis e ganz wichtege Punkt. Ech loosse mech gär dru beléieren awer mir hunn als d'Stad d'Verflichtung propper Ofwaasser an d'Uelzecht ze leeden an domat zur Flosssanéierung bäizedroen. Et ass am Interesse vun eis all, dem natierlechen Ëmfeld an der Regeneratioun vu Fauna a Flora an an ëm de Floss. Mir droen dobäi eng Responsabilitéit an erweisen eis respektvoll vis-à-vis vun der Natur. Mir kommen dobäi der berechtegter EU-Fuerderung vun der Sanéierung vum Ofwaasser no, dee mëttlerweil gréisser Strofen op schlecht Flossqualitéit national erhieft.
Och, an dat ass vläicht elo net an dësem Projet mat dran ass, wëll ech awer trotzdem erwähnen, ass scho vum Här Zwally ugedeit ginn, och wa mat dësem Projet eng Renaturéierung vun der Uelzecht am Naturreservat am Pudel mat integréiert ass, esou bleift ënner anerem de Problem vun der Dippecht Renaturéierung Nonnewisen aktuell. Duerch d'Gëftschlamm-

belaaschtung vun den Arbed-Weieren, bleift déi Renaturéierung problematesch an iwwerfuerdert eventuell deelweis d'Kläranlag SIVEC.
Et soll hoffentlech kee fromme Wonsch bleiwen, dass Arcelor/Mittal dës Problematik zur Kenntnis hëlt an hir Verantwortung fir d'Sanéierung vun hire Weieren iwwerhëlt an net d'Käschten op d'Allgemengheet ofwälzt.
E lescht Wuert, e Merci un den Här Malano a seng Equipe fir den Engagement an d'Realiséierung vun dësem Dossier. Responsabel, nohalteg, absolut noutwenneg an am Respekt virun der Natur kann een dëse Projet ënnerschreiwen. Merci. Ech soen Iech Merci."

**Amtéierend Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP):** „Merci, Här Kox. Den Här Hinterscheid."

**Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):** „Merci alle Riedner. Et ass e puermol ugeklongen, Infrastrukturen ass eppes schrecklech wichteges. Si hunn awer den Nodeel, dass se meeschtens ënnert dem Buedem leien an dass ee se net gesäit. Et gëtt oft gesot mat Infrastrukture kann ee keng Wahle gewannen. Ech sinn och där Meenung. Mä et kann een der awer schrecklech verléieren domat. Wann op eng Kéier d'Uelzechtstrooss ënner Waasser géing stoen, da géing awer duerno gekuckt gi wien a wéi da wat dofir responsabel gewiescht wär. Mä ech menge mir maachen dat jo virun allem jo och well mer wëllen eise Kanner eng propper Ëmwelt hannerloossen. Hei sinn e puer Remarquë gemaach ginn.
Wat d'Dippech ugeet an d'Nonnewisen, ech mengen et ass vum Här Zwally a vum Här Kox gesot ginn. Also et huet kee Wäert elo d'Dippecht weider zu renaturéieren esou laang wéi déi Arbed-Weieren net sanéiert sinn, well soss bréngе mer eppes färdeg a mer sollen d'Dippecht elo an deem Betonsbett leie loosse wou se läit, well wa mer se elo ausgruewen, da loosse mer dat Waasser wat net gekläert ass a wat net propper ass, da loosse mer dat an den Ënnergrond lafen an da mengen ech hu mer méi Unfug gemaach wéi mer gutt gemaach hunn. Wat allerdéngs wouer ass, mer mussen iergendwann eng Kéier mat all Manéier, zesumme mat der Regierung d'Arbed do derzou kréien, dass se enfin déi Weieren do sanéieren an dass mer do eng anstänneg Waasserqualitéit erauskréien, well uewe kënnt eng anstänneg Waasserqualitéit eran. Just ënnen, wat erausleeft ass net méi anstänneg an dat belaascht d'Ëmwelt an et belaascht virun allem d'Uelzecht.
Et ass gesot ginn, dass mer en Etat des lieux misste maachen. Dat ass eis eng Selbstverständlechkeet. Et ass och gesot ginn, dass een dat soll evitéiere wat d'Leit vu Problemer zu Raemerech hunn. Bon, hei hunn d'Leit déi an der Géigend wunnen ee Virdeel, d'Stad ass Bauhär. Dat heescht, mir si selwer direkt responsabel a mir kënnen och selwer direkt drop awierken an den Etat des lieux an d'Informatioun vun de Bierger bei deem Dossier do gëtt immens wichteg, fir datt mer d'Akzeptanz och kréien. Well et komme Belästegungen. Et komme Belästegungen am Verkéier, et komme fir déi Leit déi direkt un der Trace wunnen, Belästegungen, Ängscht an ech mengen do geet et, wa mer deen heite Schratt gemaach hunn, progressiv wéi d'Aarbechte viruginn, muss een d'Bierger informéiere wat op se zoukënnt a mir wäerte se och assistéieren.
Et freet mech, dass och de Choix vum Material hei gutt geheescht gëtt, well et dee wierklech ass deen eis an der Zukunft sécher stellt, dass dee Kanal net no 20, 30, 40 Joer dann awer vläicht riskéiert ondicht ze sinn.
D'Zäitdauer vum Dossier, firwat dass et esou laang gedauert huet. Um Niveau vum Stat si Gesetzer geännert ginn. Et si Verwaltunge restrukturéiert ginn, also huet et sech regelméisseg mol erëm eng Kéier den Interlocuteur fir eis geännert an dofir huet dat einfach esou laang gedauert. Mä en Dossier vun där doter Envergure, mengen ech, gëtt et kaum een dee wesentlech manner laang dauert, well et ass jo awer, wann een dat seet, ee Jorhonnertbauwierk, do wëll jiddweree sécher sinn, dass dat richteg gemaach gëtt.
An ech sinn och mat d'accord, dass een nach eng Kéier soll versichen ze kucken, wat vu Subventionéierung nach zousätzlech méiglech ass. Mä ech menge mer hu mol wéinstens wat de Kollekter ugeet bal de Maximum erausgeschloen deen nach dran ass a mir haten nach d'Chance, dass et nach ënnert der Regie vun deem ale Gesetz gaangen ass. Mä ech sinn awer och mat d'accord, dass een iwwert d'Renaturéierung, well dat ass wierklech déi Réckhaltefonctioun déi dee Kollekter huet fir d'Kläranlag wéi och déi renaturéiert Uelzecht herno déi Réckhaltefonctioun fir alles wat ënnerhalb vun Esch/Schëffleng läit, dat ass net fir eis, mä dat ass och fir all déi Gemengen hannendrun an ech mengen do soll een nach eng Kéier an d'Arena goen.
Den Här Weidig huet op d'Problemer, déi haiteg Problemer higewise wat d'Accessibilitéit vum Kollekter ugeet, souwuel den nërdleche Kollekter wéi de südleche Kollekter. De südleche Kollekter, dat ass effektiv ganz dramatesch, dat wat iwwert den Arcelorsterrain geet, do wéisste mer net wat mer géinge maachen. Et ass och esou, dat hunn ech net nach zousätzlech ervirgehuewen, dass déi Start- an Zilgrouwen déi gemaach ginn, dat sinn herno d'Revisiounsschächt. An do ass och virgesinn, dass do Flutere mat agesat ginn, dass ee ka stoppen an d'Waasser bremse wann iergendee Problem ass. An eng Kéier iwwert d'Ustauen eng Kéier och dee ganze Kanal ka mat enger rieseger Wasserspülung eng Kéier duerchspullen. Also do, all déi Ouvragen déi do ënnert de Buedem gesat ginn, déngen herno der Revisioun an dem Entretien dozou vun deem ganze Kanal.
Bon, ech menge wat och einfach fir eis selwer wichteg ass, awer och fir d'Kläranlage wichteg ass a fir d'Waasserqualitéit generell vun der Uelzecht hannendrun, ass déi Réckhaltefonctioun vun deene 5.000 m³ déi dee riese Kollekter awer do duerstellt. Dat ass net näischt an domat misste mer et einfach évitéieren, dass Onwaasser laanscht d'Kläranlag einfach direkt an d'Uelzecht erageflut gëtt, mä dass all Waasser kann zréck gestaut ginn an duerch d'Kläranlag geet ier et an d'Uelzecht geet.
Ech soen Iech Merci alleguer fir déi grouss Zoustëmmung an ech ginn dovun aus, dass mer dann och déiselwecht Ënnerstëtzung vum Conseil hu wann herno den Eescht vun de Saachen ugeet wa mer déi éischt Verkéiersbelästegungen an déi éischt Kaméidien an alles kréien an et wäerten der ginn. Ech mengen notamment wat de Giratoire an der Lëtzebuerger Strooss ugeet, do wäerte mer nach vill, vill Freed a vill Diskussioune kréien. Wann ech elo géing soen et géing eis eigentlech arrangéiere wann et eréischt géing ugoe wann d'Liaison Micheville fäerdeg wär, da wär muenches méi einfach. Mä loosse mer mol kucken. Mir kënnen natierlech net herno soe well déi net fäerdeg ass, fänke mer deen do Projet awer elo net un, well dee bréngt eis och eng Plusvalue wann dee Giratoire fäerdeg ass um verkéierstechneschem Niveau fir ganz Esch. E grousse Merci fir déi grouss Zoustëmmung."

**Amtéierend Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP):** „Merci dem Här Hinterscheid. An dann au vote."

*Conseillers présents:*
*M. Marc Baum – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M.*

*Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally*
*Le Conseil Communal décide à l'unanimité d'approuver le renouvellement du collecteur principal et de la renaturation de l'Alzette.*

## 10. Conventions:
## a) Avenant à la convention avec l'asbl 4motion; décision
## b) Convention avec le Ministère de l'Education Nationale concernant les cours pour adultes 2013/2014; décision

**Amtéierend Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP):** „Wann Dir d'accord sidd da géife mer, fir datt den Här Hinterscheid eng Kéier Loft kann huelen, d'Konventioune virhuelen ier säi Marathon weidergeet. Déi éischt Konventioun ass déi déi mer all Joer maache mat der Asbl 4Motion. Dir wësst, datt si Lokaler bei eis hei zu Esch am Service des Jeunes hunn a mer eis eens gi sinn, amplaz datt se Loyer bezuelen, datt se Aktivitéiten do dergéint maachen. Dir gesitt an Ärer Mapp datt dat fir 240 Stonne pro Joer ass. Ënner anerem geet et do ëm déi Formatioun an den Encadrement vun de Kulturreporter déi mer elo asetzen. D'Participatioun un de Reunioune vum Groupe de coordination jeunesse. De Forum Place aux jeunes an och dee vum Clair-chêne, Babysitting Formatioun, de Programm vun der Toolbox. Dann och d'Formatioun fir d'Animateure mat dem Aspect pédagogique „gender" an den Tutorat fir Jonker fir de Point Info Jeunes. An do géif ech Iech bieden deem zouzestëmmen, wann ech gelift.
Mir kënnen awer och vläicht déi zweet, ausser et huet een eng Fro? Madame Bofferding."

**Taina Bofferding (LSAP):** „Jo. Merci, Madame Spautz. Wann Dir vläicht erlaabt, am Kader vun der Konventioun 4motioun géif ech gären op dee Projet deen Dir elo grad ugeschwat hutt, de Kulturreporter, géif ech gären drop agoen. Net nëmme well et e flotte Projet ass, mä well en och am Moment lancéiert gëtt an ech géif einfach gär hei d'Geleeënheet notze fir en ze presentéieren, fir e bësse Reklamm ze maachen.
De Projet selwer baséiert op der Motivatioun déi Jonk an eis kulturell Programmer méi no ze bréngen oder anescht formuléiert, soll de Kulturreporter d'Äntwert op d'Fro ginn ob déi kulturell Offer, déi vun eisen eenzelne Kulturhaiser hei an Esch ugebuede ginn, deene Jonken entgéint kënnt. Dëst, mengen ech, ass eng Reflexioun déi eng lokal Kulturpolitik permanent soll ustellen, mä net zu lescht liest sech dat och aus den Zuele vun der Benotzung vun eiser Carte culture jeune eraus.
Ech erënneren drun, dass mer virun zwee Joer als Gemeng eng Kulturkaart fir déi Jonk agefouert hunn. De But war deene Jonken tëschent 12 an 30 Joer déi kulturell Offer aus eiser Stad duerch e vergënschtegten Tarif – 5€ pro Kaart – méi no ze bréngen. Nun huet sech awer erausgestallt, dass no 2 Joer etwa 200 där Kaarte verkaaft goufen an no Auswäertung aus den eenzelne Kulturhaiser ass leider och festgestallt ginn, dass déi Kaart am Endeffekt ganz seele benotzt ginn ass. Fir dem Problem awer elo op de Fong ze goen, war den zoustännege Jugendservice ganz aktiv an ass mat där flotter Idee komm, fir déi Jonk selwer anzespanen, dass si sollen eng Analys vun de kulturelle Programmer maachen, fir esou kënnen och mat deene politesche Responsabelen an den Direkteren aus de Kulturinstitutiounen e Feedback kënnen ze ginn. Hei gëtt d'Zil verfollegt, den Dialog tëschent deene Jonken an de Programmateuren aus den Haiser ze lancéieren. D'Kulturreporter kréien eng Formatioun, dofir eben och hei nach eng d'Konventioun mat 4motion. Et ass ebe wichteg, dass dee ganze Prozess vum Projet och begleet gëtt. Hei spillt dann och den zoustännege Jugendservice eng wesentlech Roll wou déi Jonk ebe sollen drop preparéiert ginn. Dat reit sech och an déi ganz Politik déi mer am Kader vum Jugendkommunalplang hei zu Esch bedreiwen.
Ech wëll och ervirhiewen, dass et elo net dorëms geet déi kulturell Institutiounen auserneen ze huelen, dat brauch och elo keen ze fäerten. Och dat ass am Virfeld mat den Direkteren ofgeschwat ginn. Hei geet et wierklech dorëm fir eben d'Hemmschwell an de Kulturhaiser ofzebauen an déi Jonk sinn, wéi soll ech soen, sinn net just invitéiert e Stéck kucken ze goen, mä si sollen och de Kader betruechten, wéi se sech dobanne spieren, wéi den Accueil ass a virun allem wat fir eis mengen ech och wichteg ass, fir ze wëssen, wou déi Jonk iwwerhaapt hir Informatiounen hierkréien, dass se iwwerhaapt mol mat agebonne gi wat vu flotte Stécker hei zu Esch ugebued ginn. An duerno ass eben och den Echange tëschent deene Jonken an de Kulturresponsabelen enorm wichteg.
Oder, fir ze resüméieren, et ass eng Win-win-Situatioun, also déi Jonk an de Kulturreporter déi kritt e gratis Accès, natierlech mat enger Begleedung, an d'Kulturinstanze kréien esou e Feedback a wat ebe wichteg ass, dobäi gëtt och nach eng Promotioun gemaach engersäits fir eis Kulturhaiser, souwuel wéi fir och eis Stécker. An dat Interessant dorunner, d'Direkteren an déi Kulturschäffe kréien de Feedback, also aus dem Bléckwénkel vun deene Jonke kréie se dann déi eenzel Informatioune wéi si et empfannen.
Fir just nach e puer Wierder zum Schluss zum Déroulement. Ech hu virdrunner scho gesot de Projet ass lancéiert an duerch ganz Esch wäerten elo Affichen opgehaange ginn. De Jugendservice ass och am Moment, mécht den Tour duerch d'Lycéeën hei zu Esch. De Projet riicht sech och net just nëmmen un d'Escher jonk Leit, mä riicht sech eigentlech un déi Jonk déi interesséiert sinn, och déi déi an de Lycée ginn, duerfir maache se dat jo. Wat flott ass, ech weess net, vläicht hutt Dir et gesinn an eisem neie Kulturagenda, da maachen ech nach eng Kéier Reklamm an engems fir deen, do ass eng flott Reportage iwwert de Kulturreporter dran.
Hei ass och nach eng Kéier d'Affiche vum Kulturreporter. Dofir wierklech mäin Appel un Iech, Kolleginnen a Kollegen, wann Dir mat deene Jonken a Kontakt sidd, erkläert hinnen de Projet, maacht Reklamm dofir, well et ass wierklech e ganz flotte Projet. Bis elo, ech krut nach de Moie gesot, dass sech schonn 30 Jonker gemellt hätten, no esou kuerzer Zäit, ech fannen dat immens flott. Ech fannen dat schwätzt och fir de Projet an dofir, ech fannen de Projet ganz villversprechend a wéi gesot, maacht roueg Reklamm, wa mer schonn esou e flotte Projet hunn, solle mer eis net hannendrunner verstoppen. Merci."

**Amtéierend Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP):** „Merci, Madame Bofferding. Au vote fir déi dote Konventioun."

*Conseillers présents:*
*M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally*
*Le Conseil Communal approuve à l'unanimité l'avenant à la convention réglant la relation entre la Ville d'Esch-*

*sur-Alzette et l'association sans but lucratif «4motion».*

**Amtéierend Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP):** „Dann den Här Tonnar fir déi aner Konventioun mam Ministère d'Education nationale."

**Schäffe Jean Tonnar (LSAP):** „Jo, Merci, Dir wësst dass mer zënter Joeren Owescoursen hunn, oder Cours pour adultes, an déi hu mer ëmmer ganz finanzéiert. Mir hunn eis elo mam Ministère zesumme gesat fir ze froen ob mer net mol kënnten e Subsid kréien, wat elo leeft, a mer hunn déi Konventioun ënnerschriwwe fir dëst Joer. Dir gesitt, wéi eng Coursen ugebuede ginn a mer hunn dëst Joer d'Präisser verdeelt an dat war ganz flott an déi Begeeschterung vun deenen engagéierte Leit déi wëllen nach eng Sprooch méi léieren. Dir gesitt, et gëtt nieft dem Lëtzebuergeschen, Däitschen, Franséischen, hu mer Coursen op spuenesch, portugisesch, russesch, italienesch an englesch. An dann awer och net ze vergiesse wat eis alleguerte ganz wichteg ass, et steet hei, elegant ausgedréckt, Cours ABC, Dir verstitt alleguerte wat domatter gemengt ass an dat – ech si frou datt den Handy och mat mer begeeschtert ass – a mir hale ganz vill dorop an am Mäerz ass e grousse Colloque iwwert déi Problematik an iwwert dee Sujet an Dir sidd häerzlechst do invitéiert. Dat ass déi lescht Woch Mäerz wou dat wäert hei zu Esch stattfannen. Mer kréien duerch déi Konventioun en Deel vun deene Course bezuelt oder mat finanzéiert. Dir gesitt de Montant deen am Artikel 4 virgesinn ass an ech géif lech bieden, déi Konventioun ze stëmmen."

**Amtéierend Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP):** „ Au vote."

*Conseillers présents:*
*M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Marco Goetz – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally*
*Le Conseil Communal approuve à l'unanimité la convention précitée entre le Ministère de l'Education nationale et de la Formation professionnelle, Service de formation des adultes, et l'Administration communale de la Ville d'Esch-sur-Alzette.*

## 9. Urbanisme:
## a) PAP „Nonnewisen 2B"; présentation et décision
## b) PAP „Nonnewisen 3B"; présentation et décision
## c) PAP „Nonnewisen 2C"; présentation et décision

**Amtéierend Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP):** „Sou, da géife mer elo dem Här Hinterscheid d'Wuert erëm gi fir den nächste Marathon. 3 PAPen Nonnewisen an Dir hutt d'Wuert."

**Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):** „Merci. Also mir hunn 3 PAPe virleien. An der Logik vun de PAPe misste mer den 3B virhuelen, dann den 2C an dann den 2B. Ech mengen déi dräi sinn zesummen. Déi 3 PAPe baséiere sech op de Masterplang Nonnewisen a senger Form vun 2009. Déi 3 PAPe orientéiere sech südlech vun der Haaptachs vun den Nonnewisen, rue Guillaume Capus an déi 3 Dossiere schafen am Fong déi néideg rechtlech Grondlag fir de südleche Beräich vun den Nonnewisen och kënnen definitiv ze urbaniséieren an ze bebauen. Eigentlech, wann déi 3 PAPe gestëmmt sinn, dann ass eigentlech alles an den Nonnewise geregelt an et steet dem weidere Fortschreiden näischt méi am Wee. Et muss een awer och wëssen, dass mer nach net vun alle Parzellen definitiv Proprietaire si südlech vun der Achs. Mä et gëtt eis duerch d'Stëmme vun deene PAPen, wann dat als Bauland deklaréiert ass, och nach verschidde Moyenen am Kader vum Pakt Logement fir d'Leit dovunner ze iwwerzeegen, dann awer vläicht elo definitiv ze versichen, am Kontext vun der Réserve foncière, mat der Gemeng, respektiv mam Fonds de Logement eens ze ginn. Well soss geet et och do definitiv an d'Expropriatioun.
De gesamte Projet Nonnewisen, do gi mer dovunner aus, dass mer ronn 900 Wunnengen definitiv herno hunn a wa mer dat eng Kéier multiplizéiere mat eisem Duerchschnëttswäert vun 2,3 Awunner pro Wunneenheet, kommen also am ganze Projet Nonnewisen ronn 2.100 Awunner bäi. Dës 3 PAPen, dat si ronn 540 Wunnengen. Dat sinn also ronn 1.200 Leit a wann ech do och eis ganz Zuelen huelen an eis Erfahrungschifferen huelen, sinn déi 1.200 Leit iwwer 100 zousätzlech Schoulkanner. Iwwer 100 zousätzlech Schoulkanner bedeit fir de Kolleg Tonnar mol direkt tëschent 5 a 6 zousätzlech Klassesäll ze fannen, déi mer jo Gott säi Dank mat der Nonnewise Schoul scho gebaut hunn.
De PAP 3B deelt sech op a 6 Loten. Et ass wéi bei deenen anere PAPen an duerfir wëll ech et och relativ kuerz maachen. Dat wat südlech vun der Haaptachs vun der rue Guillaume Capus ass, ass eng Blockbebauung, Méifamilljen, also et ass en Immeuble collectif wou de Rez-de-chaussée am Prinzip soll do si fir Commercen Aktivitéiten, an dat geet vun der Quartiersépicerie bis zu enger Post, bis zu enger Bank, bis zu, bis zu, bis zu, an dofir musse mer, do leeë mer fest dass an deem Block do minimum 80% awer fir d'Wunne musse reservéiert sinn.
Lénks a riets an deem PAP sinn dann Eefamilljenhaiser déi eenzel gebaut ginn an de südlechen Deel do ass erëm eng Kéier e Méifamilljeblock dee mat 100% fir Wunne reservéiert ass. Firwat do 100%? Éischtens geet et un d'Renaturéierungsgebitt erun, wat als Renaturéierungsgebitt ausgewisen ass a wa mer do nach zousätzlech Aktivitéite maachen, drainéiere mer Verkéier an déi Fangeren eran an dat wëlle mer jo net. Dat soll jo wierklech e Quartier sinn, wou de Verkéier, de motoriséierte Verkéier op e Minimum reduzéiert gëtt.
Dee PAP war och am November vun der Cellule d'évaluation aviséiert ginn. Do ass d'Bemierkung dass e klengen Deel vun deem PAP, esou eng Zebra-Zone ass, oder Pyjama-Zone wéi se dat nennen, wou chrafféiert ass, net vun dësem PAP ofgedeckt ass, mä do ass et kloer, do hu se net alles gelies a si hunn net alles gekuckt, dat ass schonn eng Kéier iwwert de PAP 2C ofgedeckt ginn an domat ass dat och kloer. An ech mengen iwwert d'Mixité des fonctions wëlle si e Maximum fir d'Wunnen definéieren. Mir wëllen awer e Minimum definéieren an do bleiwe mir bei eiser Approche. Mir wëllen och, dass d'Intimitéit, si weisen drophin qualité de vie et intimité, hei kënne keng gréisser Upassunge méi gemaach ginn, well dat zum Deel zu groussen Ännerunge géif féieren a mir sinn der Meenung, dass eigentlech dee Projet, wéi e vum Masterplang definéiert ginn ass, dass dat de Kader ass, an dass mer dofir net méi do elo sollen drufänken. Ech menge mir musse jo och hir Bemierkungen net iwwerhuelen a si maachen eis och eng Suggestioun, dass mer déi Rampë fir an d'Garagen, dass déi sollen iwwerdeckt gi mat enger Pergola-Struktur oder esou, an dat fanne mer och eng gutt Idee an dat iwwerhuele mer och telquel an d'Partie écrite eran. Si maachen eng generell Remarque dass d'Partie graphique, dass mer vun eisem PAG, dass mer dat mussen upassen an dat wäerte mer da fir déi 3 PAPen och maachen.
Deen zweete PAP ass eigentlech en gros datselwecht. Et ass südlech direkt un der rue Guillaume Capus eng Blockbe-

bauung. Lénks a riets, ähnlech wéi an deem éischte PAP schonn, Eefamilljenhaiser a wou allerdéngs do am mëttleren Deel op där enger Säit esou wéi dat schonn an deem alleréischte PAP war, déi ëstlech Eefamilljenhaiser eng streng Reiebebauung ass an déi westlech dann éischter méi eng opgelockert Bebauung a südlech hu mer datselwecht, hu mer erëm eng Kéier déi Blockbebauung.
Am PAP 2B, deen differenzéiert sech eigentlech éischter am Kontext vun der Eefamilljenhausbebauung, wou méi mat Carport-Strukture virun den Haiser geschafft gëtt a wou mer méi grousszügeg Baufelder definéiere fir méi eng grouss Flexibilitéit vun den Haiser ze kréien an am Verglach zu deem anere PAP gëtt do och eng eventuell Doppelhausbebauung virgesinn. Ech mengen, och bei deem Punkt weist d'Kommissioun op déi non conformité zum PAG hin an dat wäerte mer dann och maachen.
Ech menge méi ass eigentlech wesentlech haut zu deene PAPen net ze soen. Ech kéint elo nach 3 Stonnen driwwer schwätzen, mä et ass en résumé dat wat mer elo schonn an deenen anere PAPe virginn hunn, et ass d'Fortschreiwen dovun a mer hunn elo de Virdeel dass mer iwwer, wa mer déi rechtskräfteg Voten hu mer baurechtlech Grondlage fir et virun ze entwéckelen au fur et à mesure wéi mer d'Terraine kréien. A mer hunn doduerch, dass et klasséiert ass, dass als Bauland elo definitiv als Bauland definéiert ass, kënne mer déi réticent Proprietairen och vläicht e bëssen insistéieren iwwert eng zousätzlech Taxéierung vu Bauland wat och brooch leie gelooss gëtt, fir dass se sech beweegen dann endlech am Kontext vun der Réserve foncière."

**Schäffe Jean Huss (Déi Gréng):** „Sou, no där exzellenter Presentatioun vum zoustännege Schäffen hei, géif ech da froen, ob Wuertmeldungen do sinn? Deen éischten dee sech gemellt hat war den Här Bernard. Duerno den Här Weidig an den Här Zwally.
Här Bernard."

**Zénon Bernard (KPL):** „Merci, Här Schäffen. Ech schécke viraus, dass ech déi 3 PAPe matdroen an och stëmme wäert. D'Diskussioun heizou gëtt mer d'Geleeënheet op en Thema zréck ze komme wou ech net midd ginn, dat hei am Gemengerot ze widderhuelen an ech mengen och prospektiv ass eppes méiglech an deem Zesummenhang. Ech erënneren dorunner, dass ech dat schonn e puermol proposéiert hunn, dat ass déi sougenannt Location-vente. Dir wësst dass ëmmer méi Leit an der Krisenzäit haut an d'Situatioun geroden, dass d'Banken duerch hier Sozialsituatioun, duerch hiert modest Akommes Prête fir kënnen an de Genoss vun enger Wunneng, respektiv vun engem Haus ze kommen, net accordéieren. Ech mengen do hätt eng Gemeng, respektiv och de Stat natierlech, eng Flicht vis-à-vis vun deene Leit, fir am Kader vun esou Projete wéi déi hei an aneren, dee sougenannte Prinzip vun der Location Vente, ech erkläre mech, eng Kéier mol mat an d'Reflexioun eranzehuelen an eng Offerte op deem Gebitt un déi kleng Leit wéi ee seet, op lëtzebuergesch, déi net d'Chance hunn eng eege Wunneng soss ze kréien, fir dat an déi Richtung ze goen.
Location-Vente heescht, dass all Loyer, deen déi Leit da bezuelen, se progressiv méi Proprietaire gëtt zu där Zomme proportionell zur Gesamtzomme, déi d'Haus oder d'Wunneng wäert ass. Dat géif éischtens mol evitéieren déi peinlech Situatioun dass d'Leit ofgewise gi vun de Bankinstituter, an dass se awer esou d'Geleeënheet krieten duerch méi eng sozial Erugoensweis un en Deel vun de Wunnengen, fir kënnen an de Genoss awer wéi gesot virdru vun enger eegener Wunneng ze kommen. Effektiv gëtt et ëmmer méi wichteg an déi Richtung ze goen an d'Banke si jo net léséiert. Et ass elo net, dass ee muss fäerten, d'Banke géifen elo op d'Barrikade klammen. Dat wär och nach net esou schlëmm, da läit een heiansdo richteg wann déi op d'Barrikade klammen. Mä ech mengen awer, dass et wichteg ass ze wëssen, si klammen net op d'Barrikade well se jo souwisou de Prêt fir déi Leit refuséieren.
Ech géif einfach mol dat hei proposéieren, déi Reflexiounen do mat an de Schäfferot ze huelen, respektiv an déi zoustänneg Kommissioun, fir mol doriwwer ze diskutéiere wat fir eng Méiglechkeeten eis do bidden als Gemeng Esch, déi jo eng traditionell Gemeng ass, vun enger fortschrëttlecher Politik allgemeng gesinn, da misst een och vläicht mol kënnen iwwerleeën, ob dat net eng Méiglechkeet ass déi diskussiounswäert ass an déi prospektiv an d'Praxis ëmgesat ka ginn, wann esou Projete sech an Zukunft presentéieren. Ech sinn net pessimistesch an där Hinsicht, well ech mengen et huet jo keen eppes ze verléieren heibannen an enger Diskussioun. A wa vu Gemengeconseilleren oder vun engem Conseiller, dat sief elo dohigestallt, ech mengen den Här Baum huet d'leschte Kéier och meng Propositioun ënnerstëtzt an anerer och, da misst et jo awer méiglech sinn, dass de Schäfferot vläicht eng Kéier an déi Richtung iwwerleet a vläicht eng Kéier an déi Richtung geet an natierlech de Stat usprécht fir kënnen an déi Richtung och ze goen. Ech mengen, et ass am Interêt vun honnerten an honnerte Leit hei zu Esch déi an der Situatioun sinn, dass se ongerechterweis net kënne wéi déi aner Leit oder wéi en Deel vun deenen aner Leit an de Genoss komme vun enger eegener Wunneng. Ech soen Iech Merci."

**Schäffe Jean Huss (Déi Gréng):** „Jo, ech soen och dem Här Bernard Merci fir seng Interventioun. Ech mengen duerno war et den Här Weidig dee sech gemellt hat."

**Paul Weidig (LSAP):** „Mir hunn haut 3 PAPen ze aviséieren an ze approuvéieren a schléissen domat, wat eise responsabele Schäffe gesot huet, am Fong geholl d'Bauplanung vun den Nonnewisen of an dat ass ganz wichteg. Déi 3 PAPen, den 2B, den 3B, 2C sinn eigentlech ähnlech gestreckt oder ähnlech konzipéiert, et ass ganz kloer. Éischtens, laanscht rue Capus si méistäckeg Haiser virgesi mat enger gewësser Mixitéit. Dat heescht, wunnen an handelen. Um Rez-de-chaussée Handel a Commerce an driwwer wunnen. An deem Kontext wëll ech effektiv, och dat huet de Schäffe gesot, ob d'Remarque vun de Cellule d'évaluation hiweisen déi mengt, et soll een e Prozentsaz vu Wunnraum definéieren. Mä ech mengen, et geet och schonn duer wann ee sech seet, ok mir versichen awer e gewëssenen Deel anzehalen.
Da laanscht d'Dippecht entstinn och méistäckeg Wunnhaiser déi reng fir Wunnenge virbehale sinn. An dës Bauplazen déi laanscht Capus an och déi laanscht d'Dippecht weisen natierlech e ganz héijen COS oder en héijen CMU op. Dat heescht, dass se ganz héich bebaut ginn, d'Occupation du sol an och de Coefficient maximum d'urbanisation erreecht e relativ héijen Taux, esou dass ee ka 4, 5 Stäck do bauen. Tëschent de Familljenhaiser an ech widderhuelen och dat wat elo gesot ginn ass, entstinn Eefamilljenhaiser mat variabler Wunnfläch. Déi eng si méi grouss, manner grouss, déi aner méi grouss Gréngflächen an esou weider.
D'Erschléissung gëtt nohalteg duerch e begréngte Stroosseraum erméiglecht an et si Foussgängerweeër déi hannert den Haiser duerchféieren an och déi ganz Quartieren erschléissen. De Konventioune vum subventionéierte Wunnengsbau gëtt natierlech Rechnung gedroen, wéi och engem vertrietbaren Undeel vu Wunnengen déi zu engem abordable

Mietpräis ugebuede kënne ginn. Dat sinn déi berühmten 10%. Ech mengen dat ass ganz wichteg. Wat elo d'Location Achat ubelaangt, leider ass hei de Kolleg Bernard net do. Ech mengen dat ass e weidere Schrëtt wou am Ablack déi rechtlech Moyenen nach net gi sinn. Dat ass effektiv e Problem deen um nationale Plang muss geléist ginn.

Iwwregens steet dat vun den abordable Präisser fir Wunneng och an deem neie Programm vun eiser Regierung an ech hoffen, dass se net nëmme vun der Escher Gemeng, mä och vun deenen anere Gemenge respektéiert gëtt.

An dann ofschléissend nach eng perséinlech Bemierkung, déi huet zwar näischt mat PAPen ze dinn, déi läit mer awer ganz um Häerz an duerfir wëll ech hei menger Freed Ausdrock ginn, dass aus dem an elo zitéieren ech eng Escher Zeitung, aus dem Ghetto, dat ass dem Lumpepoletariat vun Esch, 3 Ministeren an déi nei Regierung gewielt si ginn an och do zu Éiere komm sinn. An dorop kënne mer alleguerte Stolz sinn. Trotz allem, d'Zukunft vun Esch ass assuréiert. Merci fir d'Nolauschteren."

**Schäffe Jean Huss (Déi Gréng):** „Ok. Och no där interessanter Interventioun vum Här Weidig, géif ech dann d'Wuert viru ginn un dee leschten dee sech gemellt hat, dat war den Här Zwally."

**André Zwally (CSV):** „Jo, Merci, Här Huss. Ech wollt och dem zoustännegen neie Schäffe Merci soe fir d'Presentatioun, wat de Quartier Nonnewisen ubelaangt. Ech denken, dass mer schonn oft d'Geleeënheet haten doriwwer hei ze schwätzen. Ech mengen, de Masterplang huet jo eis senger Zäit Satisfactioun gi fir dat doten, wat d'Entwécklung ubelaangt vun dem Quartier Nonnewisen, mat ze ënnerstëtzen.

Ech hu just eng Remarque ze maachen. Mir hunn als CSV eng Remarque ze maachen. Wann een de Quartier als Ganzes kuckt, da gesäit een, datt wierklech den Integratiounsfacteur do ass. Wann een d'Populatioun an d'Densitéit kuckt, da gesäit een dass do vill Leit op eemol matenee liewen. An doduerch well mer eng Entwécklung hunn déi och um Niveau vu Geschäfter déi elo bäikommen, vun aner Infrastrukturen déi bäikommen, dat elo ufänkt e Liewen ze kréien, erënneren ech nach eng Kéier ganz gären dru wat mir als CSV senger Zäit gesot hunn. Mir hunn ausser der Schoul, déi mer u sech do hunn, wou mer haut jo mierken dass se deelweis schonn net méi duergeet, dass se net méi grouss genuch ass, hu mir als Escher Gemeng einfach keng aner Infrastruktur do. Mir waren der Meenung, wéi mer och an den Assises de l'intégration waren, dass do eng Konklusioun komm ass fir eng Maison de citoyenneté ze maachen. Mir hunn eis nach net richteg festgeluecht wéi den Numm dann eigentlech soll sinn, mä mir sinn der Meenung als CSV, dass et och wichteg wier, dass mir als Gemeng eng zousätzlech Präsenz hätten. An deem Quartier, deen u sech eng wonnerbar Phas erlieft wat d'Integratioun vun der Escher Populatioun ubelaangt, si mer der Meenung, dass de Schäfferot soll dës Propositioun mat op de Wee huelen, wat déi Maison de citoyenneté ubelaangt an och eng ähnlech Struktur oder eng Struktur dohinner stellen, wou mir och wierklech kéinte mat ënnerstëtzen an déi och Plusvalue géif gi fir Esch, respektiv och fir de Quartier vun den Nonnewisen. An deem Sënn wäerte mir dann déi dräi PAPen, Här Schäffen, déi Dir hei virgestallt hutt, selbstverständlech mat ënnerstëtzen.

Ech soen Iech Merci."

**Amtéierend Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP):** „Den Här Hinterscheid."

**Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):** „Merci. Ech mengen dem Här Bernard seng Remarque iwwer d'Location Achat oder d'Location Vente déi ass richteg, mä ech weess net ob d'Gemeng dat richtegt Instrument, d'Gemengeverwaltung dat richtegt Instrument duerstellt, fir dat ze maachen. An ech mengen do muss een um Niveau vun der Regierung, an ech mengen déi nei Regierung huet jo och do Aussoe gemaach, fir dat erëm méi ze promouvéieren. Also dat war an de 60er Joeren effektiv d'Instrument wou ganz vill Leit, Aarbechterfamilljen iwwert deen dote Wee zum eegenen Haus komm sinn. Mä et war och deemools net d'Gemengen déi et gemaach hunn. Et war d'Société nationale des habitations à bon marché déi dat fir de Stat, fir d'Gemengen zum Deel operéiert huet an eigentlech missten déi zwou Institutiounen déi et gëtt – d'SNHBM gëtt et nach ëmmer an et gëtt de Fonds de Logement – an eigentlech missten déi ganz brutal an déi do Richtung sech orientéieren. Et gëtt sécher méi schwiereg wann d'Gemeng et mécht, mä d'Gemeng kann awer do Facilitateur si fir dat do ze maachen. Mir kéinten dat mat eegenem Patrimoine maachen, mä da musse mir de Patrimoine fir d'éischt bauen an dann an déi do Richtung goen an do sinn och e ganze Koup Reflexiounen amgaang am Schäfferot wéi mer an Zukunft domat ëmginn. Also dat fält sécher net op en daaft Ouer a mir wäerten och do als Gemeng, an ech mengen d'Buergermeeschtesch wäert och sécher do sech eng Éier draus maachen, fir dass mer dat do um Regierungsniveau weider dreiwen, dass dat erëm eng Kéier Realitéit gëtt.

Ech mengen, den Här Weidig huet eigentlech senger Satisfaktioun driwwer Ausdrock ginn, dass dat do elo fäerdeg ass, an dass et elo eigentlech nach just drëm geet déi lescht Parzellen ze kréien, d'Geld ze kréien an dann dat do ze bauen an dann ass et herno finalement an deem Zäitraum gebaut ginn dee mer eis initial gesat haten, tëschent 15 an 20 Joer bis de ganzen Developpement ofgewéckelt ass, an da si mer fäerdeg. En huet et och positiv ervirgehuewen, dass zousätzlech de Raum besser, d'Surface besser genotzt ginn ass an ech wëll drun erënneren, dass mer hei eng Kéier mat engem neien, remaniéierte Masterplang komm sinn, wou mer vu 1.500 Leit op 2.100 Leit, also dat heescht vu 750 Wunnengen op 900 Wunnengen nach eng Kéier kompaktéiert hunn an domat nach ëmmer e ganz flotte Projet hunn.

Dem Här Zwally seng Remarque vun der Maison de citoyenneté déi huele mer mat an de Schäfferot, mä dat ass kee Gebai wat mer bauen, dat ass éischter eng Fonctioun déi ee gegebenefalls kann op deene Rez-de-chaussées déi mer fir Aktivitéite virgesinn, ka virgesinn.

Ech soen allerdéngs och zwee Riedner hei Merci. Fir d'éischt dem Här Bernard fir seng Bestätegung, a seng offiziell Bestätegung, dass Esch vun engem soziale Schäfferot geféiert gëtt an dem Här Zwally eigentlech, dass de Modell, wéi mer e versicht hunn an den Nonnewise vun der Integratioun iwwert den Urbanismus, dass dee reusséiert ass an duerfir Merci."

**Amtéierend Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP):** „Merci, Iech alleguerten. Au vote. Déi 3 zesummen."

***Conseillers présents:***
***M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Marco Goetz – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Jean Huss – M. Théid Johanns – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally***
***Le Conseil Communal décide à l'unanimité d'adopter le projet d'aménagement particulier «Nonnewisen 2B», d'adopter le projet d'aménagement particulier «Nonnewisen 3B» et***

*d'adopter le projet d'aménagement particulier «Nonnewisen 2C».*

## 11. Personnel; décision

**Amtéierend Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP):** „Da wier et um Här Huss, iwwert d'Personal, wann ech gelift."

**Schäffe Jean Huss (Déi Gréng):** „Jo. Bei de Personalfroen hei an der Séance publique handelt et sech ëm 2 Punkten. Dat eent ass d'Prolongation de stage an dat zweet ass eng Augmentatioun vun enger Prime de responsabilité.
Bei deem éischte Punkt, Prolongation de stage, geet et dorëmmer, datt mer den 1. Mäerz 2012 hei am Gemengerot enger 5 Leit, der Madame Bastos, dem Här Frank Delvaux, der Madame Muratovic, dem Här Suman an dem Här Winckel, eng Nomination provisoire an der Fonctioun vum Redakter hei vun eiser Stat ginn haten. Fir kënnen zu enger Nomination définitive ze kommen, ass et dann esou, datt déi Leit mussen eng Formation générale nach um INAP maachen. Dat ass eng Saach. An dat zweet, si mussen och nach eng Formation spéciale maachen, wat am Fong eng Formatioun ass déi een éischter ka gesinn als eng Formation pratique professionelle an hire Fonctioune wou se da scho schaffen.
Nun ass et esou, datt den Artikel 4 vum Statut vum Fonctionnaire communal virgesäit, datt e Redakter dee provisoresch agestallt ass fir 12 Méint, kann eng Verlängerung vum Stage ufroen, ënner zwou Bedingungen. Éischtens, wann en eventuell déi Formation générale net gepackt huet oder en Noexamen do hat, also net ganz gepackt huet, oder wann onofhängeg vum Wëlle vun deene Leit déi Formation spéciale vum Ministère de l'Intérieur net huet konnen an deem Zäitraum organiséiert ginn. Bei deene meeschte vun deene Fäll vun deene mer hei schwätzen, ass et esou datt an där Zäit vun deemools bis haut déi Formation spéciale vum Ministère de l'Intérieur net organiséiert ginn ass oder net konnt organiséiert ginn. An ee Fall ass och do, wou muss d'Formation générale nach eng Kéier widderholl gi well do en Noexame virläit. Et ass also esou, datt mir Iech als Schäfferot hei virschloen, datt mer där Demande vun deene 5 Leit solle Rechnung droen, datt mer sollen d'accord sinn, datt se eng Prolongation vun hirer Durée de stage ëm 12 Méint kënne kréien.
Pardon."

**Zénon Bernard (KPL):** „Selbstverständlech sinn ech d'accord fir deene Leit e Rallongement vun hirem Stage ze ginn. Et geet net dodrëm, mä ech froe mech wéi et méiglech ass, dass 3 vu 4, 12 Méint elo eng nei Période de stage kréie well soit-disant, je cite le texte, de Ministère de l'Intérieur net amstand war do déi Examen ze maachen. Dat do ass dach eppes, ech hätt gär eng Erklärung. Mä mir liicht dat net an, fir dass elo Leit 12 Méint an hirer Carrièresentwécklung eigentlech zréckgehäit ginn, well de Ministère de l'Intérieur keen Examen ofhält. An ech hätt gär eng Erklärung ganz einfach, Dir wësst dat, vläicht ass et eng logesch Erklärung, vläicht och net."

**Amtéierend Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP):** „Här Bernard, Dir kritt Är Erklärung wann den Här Huss fäerdeg ass a wann Dir Iech d'nächste Kéier géift umelle fir ze schwätzen, vläicht hunn nach aner Leit eng Fro och dozou. Jo. Ok.
Huet nach een eng Fro dozou? Här Huss."

